20.
JUNI
2025

# Gemengebuet



#LIEWENZUESCH

esch

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
↻ = Procuratioun

# 20. JUNI 2025

Gemengebuet

esch

Voir les votes par conseiller →

**Transkriptioun Gemengerot Esch-Uelzecht**

**20. Juni 2025**

*Réunion à huis clos*

## 1.1. Questions de personnel ; décision

*Réunion publique*

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen aus dem Gemengerot, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis iwwer déi verschidde Medie suivéieren, ech begréissen Iech dann an der haiteger Gemengerotssëtzung.

Ofgemellt, op d'mannst elo fir den Ufank, ass de Fraktiounsspriecher, Conseiller Pascal Bermes. Fir déi ganz Sëtzung ofgemellt ass d'Madamm Broers. Et ass sou, dass d'Procuratiounen am Sekretariat ukomm sinn a virleien.

Par rapport zum Ordre du jour gouf et keng Fro, fir eppes bäizesetzen oder erofzehuelen. Ech kucken nach eng Kéier an d'Ronn. Dat schéngt och elo net de Fall ze sinn, sou dass mer kéinten an den Ordre du jour eragoen.

## 2.1. RentaBike Minett - Esch ; convention et conditions générales ; décision

## 2.2. RentaBike Minett - Esch ; règlement-taxe ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da starte mer direkt mam Oflaf, mam éischte Punkt. An dofir huet den Här Knaff d'Wuert.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wéilt Iech haut e Projet virstellen, deen net nëmmen innovativ ass, mee och e wichtege Schrëtt duerstellt a Richtung nohalteg Mobilitéit an Tourisme doux an der Stad Esch. De Projet „RentaBike Minett".

Dëse Projet ass net eréischt gëschter entstanen. E geet zeréck op méi konkreet eng Ufro vum Tourismusministère, deen zesumme mat de Gemengen no neie Weeër sicht, fir d'Natur an eisem Land ze erliewen. D'Promotioun vum Cyclotourismus gehéiert dofir zu de politesche Prioritéite vun der Generaldirektioun fir Tourismus a spillt eng zentral Roll an hirer touristescher Strategie.

No enger éischter Reunioun tëscht der Stad Esch, dem ORT an dem Ministère gouf festgehalen, dass e klenge Vëlopoule genuch wär als Pilotprojet, mat enger Testphas vun engem Joer. Dëst gëtt eis d'Méiglechkeet, Erkenntnisser ze sammelen an de Projet eventuell unzepassen.

Zum Hannergrond: De Ministère huet am Joer 2021/22 d'Etüd „La location de vélo au Grand-Duché du Luxembourg » gemaach, am Kader vun de Vélos am ganze Land. Am Kader vum Projet „RentaBike Minett-Esch" huet de Service sech ënner anerem op Tariffer fir d'Locatioun op dëser Etüd baséiert, wou de Moyennespräis hei am Land bei 34,90 € läit fir en Elektro-Mountainbike.

Och geet aus der Etüd ervir, dass de Gros vun de CIGRen, de Centres d'initiative et de Gestion Régionales, Nordstad, Kanton Gréiwemaacher a Mëllerdall a Wolz keng Kautioun fir déi Vëloe froen. Och dorun hu mir eis adaptéiert, wat awer net ausschléisst, datt eng Kautioun en cours de route kann agefouert ginn.

Als Gemeng hu mir ganz kloer gesot, mir kënnen esou e Projet net eleng stemmen. Dofir hu mir eng Convention de collaboration mam CIGL Esch ofgeschloss. Am Kader vun der Zesummenaarbecht tëscht dem CIGL an eisem Service de Promotion touristique gouf et eng Rëtsch konstruktiv Versammlungen, wou och d'Conditions générales de location de vélos et d'accesssoires, sou wéi se an der Konventioun tëscht dem CIGL an der Stad Esch festgehale goufen.

Een Theema huet dobäi besonnesch vill Diskussiounen ausgeléist: Soll et och Kanner-Mountainbikë ginn?

Hei hu mir eng bewosst Entscheedung getraff, déi elektronesch Mountainbiken, déi am Projet agesat sinn, sinn net fir Kannersëtzer drop ze fixéiere gebaut an eegene sech wéinst hirer Leeschtung an Technik haaptsächlech fir Jugendlecher an Erwuessener. Mir setzen de Fokus op d'Naturentdeckung an Aktivtourismus ronderëm Esch an d'Minettregioun fir Mountainbiker.

Dës Entscheedung hu mer zesumme mam CIGL, mam ORT a mam Ministère geholl.

D'Vëloe vum Projet „RentaBike Minett-Esch » ginn an dräi Gréissten ugebueden: S, M an L. D'Gréisst S ass fir Persounen ab enger Gréisst vun 1,50 Meter gëeegent, dat entsprécht ongeféier dem Alter vun 11-12 Joer, jee no individueller Entwécklung.

Dat heescht net, dass Famillje mat klenge Kanner ausgeschloss sinn, mee mir musse kloer Prioritéite setzen an der Testphas, fir d'Konzept effikass kënnen ëmzesetzen. Eng Erweiderung vum Fuerpark ass an Zukunft net ausgeschloss.

Natierlech héiere mir och kritesch Stëmmen; an dat ass gutt esou. Well nëmmen duerch Diskussioun kënne mir Projete verbesseren.

Ass d'Offer net ze kleng? Se ass bewosst limitéiert, fir flexibel ze bleiwen an Erfarungen ze sammelen. A mussen d'Ressourcë vun eisem Partner, dem CIGL, fir kleng Entretiensaarbechte berücksichtegt ginn? Wat ass mat Familljen, eelere Mënschen oder Leit mat Handicap?

Dëst ass de Start vun engem Projet, dee sech weiderentwéckele wäert, kee fäerdegt Konzept. Mir sinn oppe fir Upassungen, wann Erfarungswäerter sech weisen.

Mir evaluéieren, wie léint d'Vëloen, wéi gi se benotzt, wat ass d'Auswierkung op den Tourismus. Dat alles fléisst an d'Decisiounen no der Testphas mat eran.

Fir et nach emol ze erklären: De Vëlo kann iwwer e gratis Reservéierungssystem oder iwwer d'Escher Infofabrik direkt reservéiert ginn. De Client muss sech an der Infofabrik presentéieren, fir d'Locatioun vum Vëlo ze bezuelen an d'Conditions générales ze ënnerschreiwen.

D'Ënnerschrëft vun den Allgemenge Konditiounen ass kee Formalitéitswan, mee ass eng néideg Moossnam fir juristesch Sécherheet, Gerechtegkeet a Verantwortung. Se hëlleft, de Service effikass a vertrauenswierdeg ze bedreiwen.

D'Konditioune vun der Location Vélo musse vum Client ënnerschriwwe ginn, well se eng verbindlech Grondlag fir d'Benotzung vum Material duerstellen. D'Acteure vum Projet, dorënner de CIGL an déi zoustänneg Déngschter, verfügen iwwer genee Lëschten, déi d'Präisser vun Accessoiren a Reservéstécker enthalen. Zum Beispill Helmer a Schlässer.

Wann e Client den Accessoire net zeréckgëtt, egal ob et sech ëm en Helm oder e Vëlosschlass handelt, da gëtt him den Neipräis vum Accessoire a Rechnung gestallt. Wann e Client de Vëlo ouni Grond guer net zeréckbréngt,

ginn et 100 € pro Dag en facture gestallt. Wann de Vëlo guer net zeréckkënnt, ginn och déi néideg juristesch Schrëtt ënnerholl. Och do gëtt de gesamte Montant vum Vëlo dem Locataire facturéiert.

De Locataire satifiéiert mam Ënnerschreiwe vun den dëse Konditiounen och, dass hien eng Haftflichtversécherung huet. Dëst alles ass wichteg, fir d'Responsabilitéit vun den Notzer ze garantéieren, fir onnéideg Käschte fir d'Organisateuren ze vermeiden a fir sécherzestellen, dass all nächste Benotzer e vollstännegt funionéierend Material virfënnt.

D'Reegelung ass transparent, fair a gouf dem Client am Virfeld kommunizéiert. Se ass e wichtegen Deel vum Gesamtprojet, fir eng nohalteg an zouverlässeg Gestioun vum Service ze garantéieren.

RentaBike Minett-Esch ass méi wéi just eng Location de vélo. Et ass e kloert Zeeche fir eng modern Mobilitéit, fir nohaltegt Denken a fir eng lieweg, dynamesch Regioun am Tourismus ze entdecken.

Ech soen Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet. Ech bieden Iech och, mat eis op dee Wee zesummen ze goen. An ech wollt nach puer Wierder soen zu deenen Dokumenter, déi Iech virleien.

Dat ass eng Kéier d'Konventioun, déi mer mam CIGL hunn. Dat sinn eng Kéier d'Conditions générales, an dat ass eng Kéier den Tariff, dee mer appliziéiert hunn.

Dank enger ganz lieweger Kommissiounssitzung an der Promotion économique an och an der Commission juridique sinn e puer Modifikatiounen am Text gemaach ginn. Déi sinn awer éischter semantescher Natur an hunn am Fong näischt direkt mam Text ze dinn. Et ass eng Kéier an der Konventioun dat Wuert „Annulation" duerch „Résolution" ersat ginn. Dat ass en Terme juridique, Här Funck, wou et effektiv méi prezis ass a besser ass, wann ee „Résolution" gebraucht.

Et waren och e puer Doublanten dran, déi mer erausgeholl hunn. An et war och eng Disposition finale, déi mer ganz gestrach hunn am Artikel 6.

Wat d'Conditions générales ugeet vun de Vëloen, do gesitt Der a Rout, wat changéiert ginn ass. D'Leit hu sech gestéiert un engem e bësse méi almoudeschen Term wéi „agir en bon père de famille". Dat ass nach ëmmer e juristescht Konzept, wou eeben nach de « Père" do geholl gëtt als deen, dee muss de manière prudente et diligeant agéieren.

Dat hu mer do ewechgeholl a mir hunn do stoe gelooss: „utiliser le vélo de manière prudente et diligente et d'en prendre soin". Et kënnt am Fong op dat selwecht eraus, soudatt een deen Term och konnt eraushuelen.

Soss sinn awer e puer Doublanten och do rectifiéiert ginn.

A finalement beim Tariff, do sinn och e puer just formell Ënnerscheeder gemaach ginn. Et ännert näischt un der Basis vun deem, wat mer sollten stëmmen a wat mer wollte en place setzen.

Mir hunn nach e bësse bei den Dommagen – an dat ass jo dee Punkt, deen och wierklech vläicht kéint am meeschten Diskussioune suergen. Wat geschitt, wann de Vëlo futti erëmkomm ass, wie misst dann dofir haften? Dofir war eis wichteg ze froen, datt jiddwereen, deen de Vëlo lount, eng Haftflichtversécherung huet. A mir hunn als Stad Esch och eng Haftflicht op de Vëloen ofgeschloss.

Voilà, dat war dat, wat ech Iech wollt soen. Ech géif Iech bieden, d'Konventioun mam CIGL an och den Tariff par rapport zu der Locatioun vun de Vëloen ze stëmmen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen zu dësem Punkt?

Den Här Funck huet d'Wuert.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Här Knaff, Dir hutt ugefaange mat enger "lieweger Kommissioun". Ech kann Iech do nëmmen zoustëmmen. An dofir e grousse Merci vu menger Säit aus fir eis Juristen, an awer och fir alleguer déi Leit, déi sech selwer als Droitsexperte gesinn, déi do ganz gutt Virschléi gemaach hunn.

Am Sënn vun der Kommissioun a vun der konstruktiver Aarbecht wär et natierlech gutt, wann dat vläicht da géif getrennt gemaach ginn. Well déi eng Kommissioun war do fir ze aviséieren, ob et am Kader vum Tourismus gutt wär, an déi aner, ob et juristesch gutt wär.

Do hunn déi Leit aus dem Tourismus herno musse juristesch Diskussioune matféieren, wou vläicht deen een oder aneren iergendwann eng Kéier verluer war. Mee dat mécht näischt. Wa mer d'nächst Kéier en Text kréien, deen einfach scho vläicht vun der Majoritéit fir gutt empfonnt ginn ass, presentéiert kréien, da wär dat vläicht méi einfach. Mee bon.

No där Marathonskommissioun stinn dann awer Saachen am Raum, wou mir net komplett zefridde sinn, woubäi mir dee Projet awer wierklech gutt fannen, flott fannen an och wëlle weiderbréngen.

Wa mer vun engem Pilotprojet schwätzen, wäre mir als LSAP awer trotzdeem frou gewiescht, wa mir vläicht gekuckt hätten, fir zwee Kanner-VTTen ze kafen, fir dass mer de Famillje kënnen e Gesamtprojet virstellen, proposéieren an ubidden.

Dann ass a bleift awer och de Punkt, dass déi Vëloen net getrackt ginn. An dat ass fir eis e wéineg schwéier ze verstoen an och ze akzeptéieren. Well wa mol engem eppes an engem Bësch geschitt, wann een eleng ënnerwee ass, well et kann ee jo och eleng e Vëlo loune goen, dann huet ee vläicht net d'Méiglechkeet, fir Hëllef ze ruffen.

An dann, wa mer d'Reglement à la lettre unhuelen, wann dann de Vëlo ze spéit zeréckgedroe gëtt, da muss een 100 € Strof bezuelen. Mee vläicht kann déi Persoun sech guer net weiderhëllefen. Dat heescht, wann e géif getrackt ginn, géife mer wéinstens wëssen, wou vläicht de Problem ass.

Dat heescht, et geet hei ëm d'Sécherheet an et geet net ëm d'Kontroll, wa mer vum Tracking hei schwätzen.

Duerno hu mer awer och Schwieregkeete mat där Garantie bezéiungsweis Net-Garantie, déi ee muss ginn. Et hätt ee kënnen oder vläicht missen op de Wee goen, sech eppes afalen ze loossen, fir sécherzestellen, dass bei muttwëllegem Schued ka rembourséiert ginn.

Wann dëst – ech ginn elo einfach mol dovun aus, den Tourist mécht dat den Dag viru senger Ofrees, de Schued gëtt déi Woch duerno erkannt, den Tourist ass fort a mir fannen e vläicht guer net erëm, well et dann awer schwiereg ass, een am Ausland erëmzefannen an do kënnen zur Ried ze stellen.

Wa mer do eng Kredittkaart oder sou als Garantie geholl hätten, wär dat weesentlech méi einfach gewiescht.

Hashtag Vakanz doheem. Dir kënnt Iech nach alleguer drun erënnere warscheinlech.

Eng Period, wou mer net gär drop zeréck-kucken, mee wou awer d'Méiglechkeet ginn huet, d'Schéinheet vun eisem Land erëmzeentdecken.

A mir hätten eis gewënscht, dass de Jonken e speziellen Tariff ugebuede gi wär. Mir hu virun e puer Gemengeréit iwwer de Jugendhass a sou weider geschwat; vläicht ass eng Méiglechkeet dran, fir no der Pilotphas déi Tarifikatioun unzepassen an an dësem Fall vun engem Jugendpass d'Tariffer fir déi Jugendlech dann och unzebidden.

Éier ech awer dann elo zum Ofschloss kommen, dann nach e kuerze Punkt zu den Ëffnungszäiten a wou een de Vëlo kann ofginn. Just samschdes däerf een de Vëlo an der Infofabrik ofginn, déi aner Deeg am Atelier vum CIGL.

Wann d'Leit, déi dee Vëlo zwee Deeg hannertenee lounen, well si däerfen en owes jo net halen, da kéint et also sinn, dass d'Leit op zwou verschiddene Plazen dee Vëlo mussen zeréckginn. Déi mussen net onbedéngt wëssen, wou déi Plaze sinn. Vläicht hätte mer do d'Méiglechkeet, fir do e bësse méi flexibel ze sinn, an einfach entweeder déi zwou Plazen ëmmer accessibel ze hunn oder wéi mer dat kënne maachen.

Am grousse Ganze kann een dëse Projet awer mat rouegem Gewësse matstëmmen, well et an déi richteg Richtung geet. Et sinn nach eng déi eng oder aner Stellschrauwen ze dréinen, mee da kann dat heiten e Succès ginn.

Da kommen ech awer nach zum Punkt vun der Promotioun vun dësem Projet.

Jo, loosst eis d'Werbetrommel réieren, andeem mer Pub maachen, wou mer déi ganz touristesch Offer vun der Stad Esch promouvéieren.

Vläicht awer och op dëser Plaz eng Propos vun eis: Op enger Braderie ass et sécher net verkéiert, dass den Office du Tourisme e Stand viru senger Dier, virun der Infofabrik huet, anstatt datt do zwee ambulant Händler stinn.

Mat engem Stand gi mer méi visibel a kënnen déi kulturell, sportlech an touristesch Offer vun der Stad Esch proaktiv un de Grand public bréngen. Mee wann zwee riseg Zelter vun ambulanten Händler virun der Infofabrik stinn, da si mer eis jo hoffentlech eens, dass do keen Tourist weess, wou dee Büro ass.

À méditer, mee ech mengen, dat wär eppes, wat relativ séier an einfach ëmzesetze wär.

Bon, ech hunn et gesot, mir wäerten dëse Projet matstëmmen a mir freeën eis drop, no der Pilotphas dann Nobesserungen zum Projet ze stëmmen, wann dësen de gewënschten an erhoffte Succès huet.

Spannend gëtt et elo awer beim Vott. Well do sinn ech gespaant, wéi d'Membere vun der grénger Partei zum Punkt ofstëmmen. An nee, net wéinst dem Kaf vun de Vëloen oder wéinst der Verbesserung vun eiser touristescher Offer, mee de Fait, dass d'Leit mussen en Helm matlounen.

Déi lescht Wochen an Deeg konnte mer jo alleguerte méifach Zeie ginn, dass de grénge Schäffen net allze vill, fir net ze soe guer kee Wäert op den Helm leet. Do bleift näischt anescht iwwereg, wéi de Kapp ze rëselen. Net wéinst Ärem Versuch, Är politesch Karriär ze boosten oder wéinst der Aart a Weis, Är politesch Entscheedungen ze rechtfäerdegen, mee wéinst dem Fait, dass Dir an Ärer Funktioun als Deputé-Échevin eng Virbildfunktioun hutt. Sécherheet soll den A an O sinn.

Mee eventuell hunn ech Iech elo eng Plattform ginn, fir sech dofir ze entschëllegen, andeems Der Videoe mat Helm deelt.

A virop dann och op d'Strooss kuckt an net an d'Kamera. Well och Virusechkucken, do spillt d'Musek. Dat ass den A an O vun der Sécherheet.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren a virop Merci fir d'Propos, en Helm unzedoen a sécher Vëlo ze fueren an eiser Stad Esch.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech soen Iech Merci, dass Dir esou detailléiert zum Sujet geschwat hutt. Virun allem zum Schluss.

An ech ginn d'Wuert weider un d'Spriecherin vun de Gréngen, d'Madamm Ragni.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Villmools merci, Här Buergermeeschter.

Ech hunn natierlech ëmmer en Helm un. An och, wann ech mat de Kanner ënnerwee sinn. An ech denken, dass dat heiten éischter fir eng Foto war. Mee wann den Här Funck dann d'nächst Kéier mam Vëlo ënnerwee ass, wäert ech dann och ganz detailléiert oppassen, ob hien dann iwwerhaapt en Helm unhuet.

*(Gelaachs)*

Ech weess, firwat dass Der laacht. Well ech mengen net, dass ech den Här Funck eng Kéier um Vëlo wäert begéinen. Mee et ass awer net schlëmm.

Villmools merci fir d'Virstellung vum Projet „RentaBike". Beim Verloune vun de Vëloen an Accessoirë schwätze mir hei net nëmmen iwwer eng Alternativ fir d'Mobilitéit, mee iwwer eng wichteg sozial an ekologesch Mesure.

Mir maachen d'Vëlofuere fir jiddwereen zougänglech, a gläichzäiteg droe mir zur Reduktioun vun CO2-Emissiounen an zu enger verbesserter Liewensqualitéit an eiser Gemeng bäi.

Zousätzlech ënnerstëtze mir duerch d'Zesummenaarbecht mam CIGL Esch och d'integrativ Aarbecht an eiser Stad. Eng Initiativ, déi e reelle sozialen Impakt huet. Dat ass nohalteg Politik am Déngscht vun de Leit. E klengt Beispill, mee mat grousser Wierkung.

A genee esou Projete brauche mir, fir Esch vu muer opzebauen, inklusiv nohalteg a gerecht. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Merci, Madamm Ragni.

Da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Scholl.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguerten, mir kënnen nëmmen där Konventioun zu 100 % zoustëmmen.

Ech wëll Iech alleguerten emol nach eng Kéier ... ech mengen, mir wëssen et alleguer. Mir hunn e Patrimoine, e gréngе Patrimoine. Dat sinn eis Bëscher. Mir hu fantastesch Weeër. An ech fannen, dass mer den Touristen, déi heihinner kommen, dass mat dëser Konventioun, mat dëser Mesure, mat dësem Projet eis Leit, déi dann hei op Esch kommen, eis wonnerbar Bëscher mol visibel maachen.

Wéi gesot, eis Gréng Long ass eis wichteg. Eis schéi Weeër, déi mer hunn, maache mer sou dem Public zougänglech, op eng Aart a

Weis, déi ganz inklusiv ass, wéi d'Madamm Ragni dat schonn am Virfeld gesot huet.

E grousse Bravo an alleguer dann op d'Vëloen. Merci.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Voilà, den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci. Vu menger Säit aus och den Accord fir dëse Projet.

Ech mengen, et geet manner drëm, CO2-Emissiounen anzespuere wéi effektiv d'touristesch Offer méi interessant ze maachen. An ech mengen, datt dat och de richtege Wee ass.

Och ze weisen, datt Esch méi ass wéi just e Patrimoine industriel, mee datt Esch och eng Gréng Long huet, hat an och nach an Zukunft weider wäert hunn. An déi accessibel ze maache fir Leit, déi op Esch kommen an hei Zäit verbréngen, ass sécher wierklech ganz gutt. An och wéi d'Kooperatioun mam CIGL ugeduecht ass, datt et och eng sozial Dimensioun doranner gëtt, ass, mengen ech, ganz wichteg.

Voilà, ech wëll dann domat schléissen, mech net laang iwwer Helmer ausloossen. Ech selwer sinn och kee Frënd vun Helmer. Ech denken awer, et sollt ee beim Vëlofueren ëmmer op d'Strooss kucken. Besonnesch wann een den Zoustand vun de Vëlosweeër zu Esch kennt.

**M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen**

Gutt, keng aner Wuertmeldung? Da géing ech kuerz op déi verschidde Punkten äntweren.

Den Här Funck huet fir d'éischt geschwat vum Tracking vun deene Vëloen. Also beim CIGL ass den Tracking gesat. Dat heescht, fir all déi Vëloen, déi fir de Moment vum CIGL an de Verkéier bruecht ginn, déi si getrackt.

Ech ginn dovun aus, datt hei technesch Problemer sinn, déi mat sech bréngen, datt dat bis elo bei deenen heite Vëloen net ugeduecht ass. Mee mir géifen awer nach eng Kéier mat hinne kucken, fir do vläicht eng Léisung ze fannen, well dat Argument ass schonn net abweegeg.

Dir hutt geschwat vun der Garantie a vun de muttwëllege Schied, déi vläicht kéinten um Vëlo gemaach ginn. Do ass et sou, datt am Fong muttwëllege Schued ni assurabel ass. An dee gëtt och ni vun iergend enger Assurance en charge geholl, well do ëmmer Exclusioune si fir e Fait volontaire.

Wat d'Tarification pour jeunes ugeet, ech mengen, dat ass eng Iwwerleeung, déi mer effektiv sollten am A behalen. Elo ass de Projet effektiv ugeduecht, fir Famillje mat jonken Erwuessenen a mat Leit, déi also méi hu wéi 12 Joer oder sou. Firwat?

Dat ass eng Richtlinn, déi et gëtt, datt een net soll mat elektresch bedriwwene Mountainbikë fuere virum Alter vun 12 Joer. Déi kënnen normalerweis bis zu 25 km/h fueren; dat ass schonn eng grouss Vitess. A mir wollten elo net awer d'Leit incitéieren, fir wierklech nach méi klenge Kanner schonn deen dote Schratt ze goen.

Mee wéi gesot,mir wollten elo mol sou ufänken an da kënne mer nach ëmmer kucken, wat d'Erfarungswäerter eis soen.

Wou se mussen ofginn, do huet den Här Funck gemengt, d'Leit géife jo net wëssen, wou déi zwou Plaze wären, wou si se da missten ofginn. Dach, ech mengen, si missten et scho wëssen, well si mussen egal wéi an

der Infofabrik passéieren, fir de Kontrakt ze maachen. A si mussen och egal wéi an de CIGL de Vëlo siche goen. Dat heescht, si kennen déi zwou Plazen, si wëssen also, wou si musse le cas échéant ofginn.

A wat d'Publicitéit ugeet, dat ass natierlech eng ganz gutt Propos vum Här Funck. A mir wäerten dann och kucken, datt mer déi Plaz virun der Infofabrik notzen, fir effektiv Promotioun ze maache fir all méiglech touristesch a wirtschaftlech Produiten, déi mer hunn, fir déi dann en valeur ze setzen.

Voilà, ech soen Iech awer Merci fir déi breet Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Knaff.

Da kënne mer, mengen ech, alles zesummen ofstëmmen. D'Konventioun, d'Conditions générales an de Règlement-taxe. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes** ↻ (Dejvid Ramdedovic)
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊜ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Här Schmit, wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen?

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Jo gär, Här Buergermeeschter. Merci fir d'Wuert.

D'Abstentioun, ech wollt am Fong geholl drop zeréckkomme mat de Kredittkaarten. Et ass wouer, datt mir dat léiwer gehat hätten, wann do d'Responsabilitéit e bësse méi staark géif geholl ginn an datt déi Kredittkaarte vun de Clienten do wären, fir eeben Abusen ze verhënneren. An dat wär fir eis wichteg gewiescht.

Responsabilitéiten, do gëtt et och eng Responsabilitéit civile : eng vun der Gemeng an eng vun de Leit. Schlussendlech freet ee sech, a wéi engem Fall wien do Responsabilitéit huet a wéini dass ee muss esou eng Assurance aschalten. Entweeder d'Gemeng oder de Client.

Dat ass e bëssen oniwwersiichtlech, an do wär am Fong geholl eng Klarifikatioun scho von Nöten.

Déi Saach mam „bon père de famille". Dat ass zwar nëmmen en Detail, mee fir eis sinn esou Formulatioune jo nëmme symbolesch. An déi hätt roueg kënnen dra bleiwen. An ech verstinn dat e bëssen absolutt net, wann een dann do picke geet an d'Franséischt do wëll ëmgestalten, wat mer schonn ëmmer sou gemaach hunn.

Also Expressiounen, déi wou mer schonn ëmmer sou gesot hunn, wa mer déi elo mussen alleguer iwwert e Koup werfen, dat fannen ech net zilfürend. An nëmme fir dat nach niewebäi ze soen.

An dann, jo, d'Abgab vum Vëlo. Et ass wouer, datt ech am Ausland och schonn emol e Vëlo gelount hunn; wéi Dir warscheinlech och. An ech hat dat och schonn, datt et op zwee verschiddenen Orte waren, d'Abgabe an d'Übergabe. An et ass wouer, trotzdeem, datt dat e klenge Problem ass, wann een Tourist ass.

Ech géif soen, et ass net e Killer onbedéngt vun engem Projet, mee et ass schonn e Plus, wann een e ka genau do ofginn, wou een en och siche geet. An do kéint ee vläicht an Zukunft awer dru schaffen a sech do nach eppes iwwerleeën.

An dofir fir mech elo mol déi Abstentioun, wou net elo, solle mer soen, géint de Projet, mee et ass eeben datt ech en net richteg fäerdeg a richteg duerchgeduecht gesinn. An dofir déi Abstentioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Et ass natierlech bedauerlech, Här Schmit, dass Der déi Froen, déi Der hutt, net virdru gestallt hutt. Well dann hätt de Schäffen Iech kënne vläicht nach Äntwerte ginn an Iech vläicht dovun iwwerzeegen, awer Iech zum Jo ze beweegen.

Mee wann Der eebe mam System vun den Abstentioune fuert, da wäert Der déi Äntwerte warscheinlech ni kréien.

*(Interventioun Här Bernard Schmit)*

Nee, nee, Dir hutt elo geschwat. Dir kënnt Äre Mikro erëm ausmaachen, Här Schmit.

## 3. Intelligent Cities Challenge ; présentation de la participation de la Ville d'Esch-sur-Alzette au projet européen

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir kommen elo zum nächste Punkt. Dat ass den Intelligent Cities Challenge. Zu der Presentatioun.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir wäerten elo bei eng Presentatioun kommen, wou ech eigentlech relativ houfreg sinn, fir déi kënnen haut hei ze maachen.

Dat well et eng Presentatioun ass, wou et net drëms geet, fir iergend en zukünftege Projet virzestellen, wou mer elo mol géinge presentéieren an duerno eréischt mat der Ëmsetzung starten, mee well et d'Presentatioun vun engem Prozess ass, an deem d' Gemeng schonn zanter 2023 involvéiert ass a wou déi verschidde Projeten, déi virgestallt ginn, och schonn a verschiddene Stufe vun der Ëmsetzung sinn.

Dat heescht, verschiddener si schonn ofgeschloss an ëmgesat, anerer ginn zwar nach weider un der Ëmsetzung geschafft, mee no an no hëlt dat awer säi Laf.

Erlaabt mer och virewech dofir Merci ze soen alleguerten deenen Acteuren aus deene verschiddenste Servicer, déi hei bedeelegt ware bei eiser Participatioun am ICC, fir hiert Engagement a fir d'Loscht, do matezschaffen, och mat Partneren zesummenzeschaffen.

A virewech dem Generalsekretär Jean-Paul Espen. Hien huet d'Koordinatioun vun dësem Dossier gehat, hie war impliziéiert an engagéiert, fir déi verschidden Dealen auszeschaffen. An hie war eise Mann eigentlech fir deen doten Dossier, nieft natierlech aneren, déi en ënnerstëtzt a matgeschafft hunn.

2023 ass d'Stad Esch un d'Europäesch Kommissioun erugetrueden, fir als Stad däerfen um Intelligent Cities Challenge deelzehuelen; an domadder och an de Reseau vun den ICC-Stied opgeholl ze ginn.

Den Intelligent Cities Challenge ass déi wichtegst Initiativ vun der Europäescher Kommissioun, fir Stied an der ekologescher an digitaler Transitioun ze begleeden an ze ënnerstëtzen.

Eigentlech hätte mer net geduecht, dass mer tatsächlech zeréckbehale géinge ginn, dat och notamment, well mer de Krittär vun der Awunnerzuel vun der Stad net erfëlle konnten. Hei am Land wär et just d'Stad Lëtzebuerg ginn, déi iwwerhaapt kéint matmaachen.

Mir hunn et trotzdeem probéiert a mir hunn eng Kandidatur agereecht, well mer als Schäfferot dovunner iwwerzeegt waren, dass d'Politik an d'Entwécklung vun an an der Stad Esch eis Engagementer an de Beräicher vun der ekologescher Transistioun, eis Engagementer zu der Entwécklung zu enger Smart City, an eis Bestriewungen am Beräich vun der Resilienz, an der Resilienz-Strategie sech an d'Logik an an d'Essenz vum Intelligent Cities Challenge géinge komplett aschreiwen an erëmspigelen.

Well eisen Dossier, eis Kandidatur gutt war, well se d'Logik vun der Initiativ voll a ganz erfëllt huet – dat konnt Der, mengen ech, och noliesen an deem kompletten Text, deen Der am Dossier virfonnt hutt.

Wou drop higewise gouf, op allegeurten déi verschidden Demarchen, déi verschidden Engagementer, déi d'Stad Esch awer och verschidde Syndikater, wou d'Stad Esch Member ass schonn zënter net nëmme Wochen, Méint, Joren, mee schonn zanter Joerzéngte mécht, ass dat wierklech ervirgehuewe ginn. An dunn huet d'Europäesch Kommissioun och eng Ausnam gemaach an d'Stad Esch an de Programm an an de Reseau opgeholl.

E Reseau mat iwwer 100 Stied, oder heiansdo a verschiddene Fäll och Regiounen. Stied, déi eeben hei d'Engagement fir d'Inovatioun an d'Entwécklung vun hirer Stad domadder offiziell och vun der Kommissioun unerkannt kréien.

Ech nenne just e puer Stied: Amsterdam, Dortmund, Florenz, Gdansk, Göteborg, Lissabon, Porto, Saragossa... oder awer och, dat ass dann d'Ausnam, iwwer d'Grenze vun der Europäescher Unioun ewech, d'Stad Toronto.

Graff resuméiert sinn d'Objektiver vum ICC, déi technologesch Innovatioun an der Stad ze favoriséieren, méi gréng, intelligent an inklusiv Stied ze promouvéieren, d'Entwécklung vun der lokaler Resilienz ze ënnerstëtzen.

Dat geschitt iwwer verschidde Formen. Dat eent ass en Accès op e Reseau vun Experten a Mentoren, déi zu der Kommissioun gehéieren oder vun der Kommissioun engagéiert ginn a wou dann de Stied zur Verfügung gestallt ginn. Deelweis awer och eng Finanzéierung, wou mir kënne lokal Expertis beoptragen, froen.

Da gëtt säitens vun der Europäescher Kommissioun gehollef beim Ausschaffe vu strateegesche Feuilles de routes. Et gëtt en Austausch tëschent de Stied, déi um Challenge deelhuelen, promouvéiert mat reegelméissege Rencontere op verschiddene Plazen an Europa oder iwwer Visioen. An et ass och de Lancement vu konkreete Pilotprojeten, deen hei ugestrieft gëtt.

D'Participatioun um Programm leeft iwwer ronn zwee Joer. Dat war bei eis vum Hierscht 2023 bis Hierscht 2025.

An d'Engagement vun der Stad ass et, fir e lokalen Ekosystem ze entwéckelen, wat hei ganz konkreet doranner besteet, dass ee Partenairë siche geet. Partenairen, déi an der Stad sinn, an dass een dann als Stad mat deene Partenairë Local Green Deals ofschléisst.

Dat heescht, formal Engagementer tëschent der Stad an de Partenairë fir d'Ëmsetzung vu ganz konkreete Projeten, well ech dann eebe mat Expertisen ënnerstëtzt ginn a wou och vun der Kommissioun valoriséiert ginn.

De Schäfferot huet an de leschte Méint sechs Local Green Deals mat ënnerschiddleche Partneren ënnerschriwwen.

Ech hätt och elo vill méi Projeten nach kënnen hei opzielen an et hätten och méi Projete kënnen deen Titel „Local Green Deal" kréien, well natierlech schaffen déi verschidde Servicer och un anere Projeten, déi sech an dee Beräich hei aschreiwen.

Mee mir hu ganz bewosst ausgesicht dës sechs Projeten, domadder un d'Europäesch Kommissioun erunzetrieden, well se fir eis awer beleeën, dass mer mat verschiddenen ënnerschiddlechen Acteure kënnen och als Klengstad, well op europäeschem Niveau si mer eng Klengstad, schaffen, dass mer e grousse Spektrum an eiser Stad hunn an och Projete ganz divers si kënnen.

Vun op der enger Säit Investissementer, wou an d'Millioun ginn, iwwer d'Millioun eraus ginn, an op der anerer Säit awer och ganz praktesch méi präiswäert Projeten.

Ech wäert elo net op den Detail agoe vun all de Local Green Deals, mir iwwerfléie se eng Kéier. Ech invitéieren awer schonn am Numm vum Schäfferot a vun de verschiddene Partenairen, déi mat eis déi Deals ënnerschriwwen hunn, op eng Presentatioun d'nächst Woch en Donneschdeg, de 26. Juni, um 18 Auer och hei am Sëtzungssall, wou dann eeben déi verschidde Partenairë wäerten och present sinn a si och wäerten explizéieren, wéi déi verschidde Projeten op hirer Säit ëmgesat ginn.

Ech hunn drop higewisen, dass mer déi ënnerschiddlechst Partenairë mat an d'Boot wollte kréien. A mir sinn houfreg, dass mer et fäerdegbruecht hunn, vun enger grousser Societéit um Weltniveau, wou awer natierlech seng Empreinte hei an Esch huet, wéi ArcelorMittal, bis zum lokale Commerce eeben ze motivéieren, fir heiru mat deelzehuelen.

Déi zwee éischt Local Green Deals goufen dann am Sënn tëscht der Societéit ArcelorMittal an der Stad Esch ënnerschriwwen. Den éischte Deal besteet doranner, dass ArcelorMittal op hirem Site Belval en Invest iwwer 1,5 Milliounen Euro fir d'Installatioun vu PV-Anlagen tätegt.

Dat gëtt eng Produktioun herno vun 2,3 GigaWatt-Stonne pro Joer hier. Et sollen 900 Tonnen CO2-Emissiounen agespuert ginn. Dat ass eng Manéier, fir ze weisen, dass och an der schwéierer Produktioun trotzdeem d'Iddi vun nohalteger renouvlabeler Energie an d'Notzen dovunner seng Plaz huet. An dat ass och e Projet, dee vun der Kommissioun erausgehuewe gouf.

Den zweete Projet, och mat ArcelorMittal, deen eis besonnesch um Häerz loung, dat ass en Invest vun ArcelorMittal iwwer 700.000 € fir de Bau vun enger Hal iwwer der Kipp-Fosse. Dat bedeit, wann do da gekippt gëtt, dass dann d'Scorilles blanches net méi wäerten an d'Loft goen, mee dass déi wäerten an der Hal bleiwen, déi do zesummegekiert ginn an dann erausgeholl ginn.

Dat mécht einfach, dass dee Stëbs net an der Loft lant oder nach méi schlecht, wat och reegelméisseg nach de Fall war, dass en net bei den Noperen an de Gäert lant.

Dat doten ass wierklech en Invest an d'Loftqualitéit, an d'Quartiere Belval, Rämmerech, Bruch. Déi Quartieren, déi no um Produktiounssite sinn. En Engagement, wat da vun Arcelor no Diskussioune mat eis hei ugestrieft gëtt.

Den nächste Local Green Deal gouf mat de Partenairë vu Biomonitoring, engem Expertise-Bureau fir Ëmweltqualitéit, an der Transition Minett ofgeschloss.

Hei ass et d'Garantie vun enger Mise en place vun engem Iwwerwaachungssystem, fir d'industriell Loftpollutioun an d'Emissiounen hei an der Stad Esch reegelméisseg ze moossen.

Dat ass e Projet, dee scho länger en place ass, wou et wierklech dann drëm sgeet, fir op verschiddene Plazen ze moossen, wéi d'Ausstéiss an Esch an a verschiddene Quartieren ukommen.
A wat hei, mengen ech, den neie Plus ass, dat ass, dass reegelméisseg dann och Rencontere stattfannen. Mir haten der elo scho puer zesumme mat ArcelorMittal, mat Bierger aus de Quartieren, déi betraff waren. Den Interesseveräi Bruch zum Beispill. A wou mer dann tatsächlech noweise konnten, wéi d'Loftqualitéit awer an de Quartieren ass a wéi eng Evolutioun och festzestellen ass. An elo an Zukunft nach besser festzestellen ass.

Déi mech op der Generalversammlung vum Interesseveräin och waren, déi konnten dunn och sur place eng Presentatioun kréien, wéi den Zoustand ass. An dat ass einfach de Wee, fir wierklech transparent mat deenen Informatiounen, mat deenen Donnéeën dann un d'Leit duerzegoen.

Dann hu mer Local Green Deals mat der Societéit Sudstroum ënnerschriwwen. En éischten Deal huet doranner bestanen, dass Sudstroum och an de Marché vun de Wärmepompele gaangen ass. Dat bedeit ënner anerem, dass se d'Stad Esch soll ënnerstëtzen op deene Plazen, wou et Sënn ergëtt a méiglech ass fir eis. Fir eeben och an ëffentleche Gebaier Wärmepompelen ze installéieren.

Hei gesitt Der eng, déi bei der Morgue um Kierfecht St. Joseph installéiert gouf.

Et ass awer och esou, dass Sudstroum sech engagéiert, fir eng gratis Expertis unzebidden, wann Escher Privatleit e Conseil am Beräich vun der energeetescher Renovatioun brauchen.

Dat ass en Engagement, wat bedeit huet, dass virun allem emol Sudstroum och eng ganz Expertis bei sech huet missen entwécklen, bei sech missen usammelen. Fir eis bedeit et och, dass bei eis Chauffagistë musse Formatioune maachen, wa mer ëmklammen op déi dote Modeller. Mee fir Sudstroum huet dat doten och en Ëmdenken an eng Opstellung bei sech bedeit.

An dann en anere Local Green Deal mat der Sudstroum. Dat ass, dass soll op d'mannst ee Carport hei an der Stad Esch entwéckelt a realiséiert ginn. Carport, dat bedeit eng Iwwerdeckung vu Parkplazen, mat uewen enger PV-Anlag drop an ënnendrënner Luedstatiounen.

Hei ass et esou, dass verschidde Plaze proposéiert goufen a virleien, dass mer awer elo amgaange sinn, déi definitiv Plaz, wou dat dann installéiert gëtt, nach ze definéieren.

An dann ofschléissend e Local Green Deal, dee mer alleguerte kennen. Deen hu mer hei schonn diskutéiert, deen hu mer hei och schonn ofgestëmmt. Dat ass dee vum Escher Cargo-Bike.

Hei ass et eeben d'Engagement vun der Stad Esch, fir de Projet ze realiséieren, an op der anerer Säit awer och d'Engagement vun der ACAIE, fir hir Memberen dozou ze encouragéieren, dass si och de Cargo-Bike beschtméiglech sollen notzen.

Ech mengen, dass dat doten e gutt Beispill ass, fir ze weisen, wéi d'ACAIE a Versammlunge mat zesummen un engem Dësch souz, Partnere mat um Dësch souzen, fir dann deen dote Projet auszeschaffen an dann herno och ze realiséieren.

Ech hu beim leschte Slide nach eng Presentatioun, eng Duerstellung dramaache gelooss – ech hunn en net selwer gemaach de Slide, dat ginn ech zou –, wou mer vun der Europäescher Kommissioun kritt hunn, well mer notamment och vun der Europäescher Kommissioun geéiert goufen a mir den Award kritt hunn als eng vu wéinege Stied vun deene Stied, wou matmaachen.

Esou en Award scho kritt hunn, fir eeben eis Zesummenaarbecht hei mam Fokus op der Zesummenaarbecht mat der Industrie, déi hei an Esch ass, mat der Industrie, mat der Geschäftswelt, déi hei an Esch ass, mat de Societéiten, déi hei an Esch sinn.

An ech mengen och, dat doten ass och bildlech fir den nächste Projet, dee mer wäerte virstelle beim nächste Punkt vum Gemengerot. Wou zwar net e Local Green Deal war, mee wou awer hätt labber kënnen hei mat erageholl ginn.

Ech hunn elo déi kleng Coupe net matbruecht, mee déi kënnt Der awer beim Här Espen am Büro besichen a kucke goen, wann een dat wëllt maachen.

Ech mengen, dass een elo mat e bëssen Houfer awer kann dorobber kucken, dass verschidde Stied vun der Europäescher Kommissioun den Titel Smart City attribuéiert kruten. Dass se dat och ëmmer erëm en amont setzen, dat och mat an der Promotioun vun hirer Stad nennen.

Mir sinn als Stad Esch déi eenzeg Gemeng oder Stad hei am Lëtzebuerger Land, déi dann eeben elo och den Titel vun der Intelligent City däerfen droen.

Ech wëll nach eng Kéier ofschéissend de Partenairë Merci soen, déi bedeelegt waren an déi och wierklech Invester vun hirer Säit tätegen, oder bereet sinn, fir Ofstrécher bei hinnen ze maachen, fir déi Projeten ze realiséieren, wéi awer och der Europäescher Kommissioun fir hir Unerkennung.

An dann, wéi schonn eng Kéier gesot, nächsten Donneschdeg hu mer nach d'Presentatioun mat de verschiddene Partenairen iwwer d'Ëmsetzung vun deene verschiddenen Challengen a Projeten.

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Faltz an duerno d'Madamm Ragni.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter. A merci fir d'Presentatioun.

Jo, ech denken, ech ginn Iech do Recht: Deen Titel, do soll een houfreg sinn. Dat ass en Dossier, deen net näischt ass, fir deen do auszefëllen. Eenzeg Lëtzebuerger Stad ze sinn an deem dote Projet.

Ech ginn awer ze bedenken, dass deen Dossier en Ufank ass. Déi Projeten do sinn elo opgezielt, mee se sinn net realiséiert. An et ass dat, wou de schwéieren Deel gëtt. Och wann dat dote schonn eng Herkulesaufgab war, gëtt d'Ëmsetzung vun esou Projeten eng Herkulesaufgab. Oder nach méi eng Herkulesaufgab.

An Dir hutt et och gesot, dass dee Reseau, an deen een do elo erakënnt, an do schwätzen ech aus eegener Erfarung, dass déi Stied ganz oft Servicer hunn, déi aus ville Leit bestinn, déi soss näischt maachen. Dat heescht, wann een elo mat deenen a Kontakt kënnt oder a Projeten – well ech denken, dat do ass jo elo en Ufank. Et sinn déi Ufanksprojeten.

Mee dat doten animéiert zu méi Projeten, déi am Kader vun där Dynamik, déi ënnert deenen 100 Stied do wäert entstoen, nach méiglech sinn. Wou dann och mat der Uni, mam LIST a mat anere Stakeholdere kann zesummegeschafft ginn.

An ech wëll do bemierken, dass déi Stied, déi do mat Iech an Zesummenaarbecht kommen, richteg fit opgestallt sinn. Dat heescht, dofir géif ech Iech och uroden, Iech do eng Iddi ze maachen, wéi Der Iech personell opstellt an Zukunft, fir deen Dossier do weiderzedrécken.
Ech mengen, mir wëssen et alleguerten, do si vill europäesch Subsiden à la clé. Dat si ganz, ganz vill Suen, déi do à la clé sinn. Trotzdeem hätt d'Europäesch Gemeinschaft gär fir déi Suen e Retour. An dat geet net einfach mat deem Bestand, wou mer hunn. Well dat si ganz spezifesch Saachen.

Dat geet an e ganz spezifesche Raum eran, wou ech mengen, wou een als kleng Stad net onbedéngt direkt déi Fitness huet, déi ee brauch. Dofir géif ech Iech uroden, do Iech seriö Gedanken ze maachen.

An trotzdeem, wéi gesot, well an esou Projeten op eemol dran ass, kritt een op eemol, wéi soll ech dat soen, eng Intelligenz och an deem grousse Reseau zur Verfügung gestallt, déi sou wichteg ass an déi sou muss onbedéngt vun enger Stad ugeholl an ëmgesat ginn, dat ee sech knapps ka virstellen. Also do kommen Iddien op den Dësch, déi si fantastesch.

Mee, wéi gesot, Intelligent City ass am Moment just e Label. Fir dass een och eng Intelligent City ass, muss een hannendrun awer dann och weisen, dass een et drophuet.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

D'Madamm Ragni huet d'Wuert.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Virun allem merci, dass mir als Esch déi eenzeg Gemeng hei am Land de Courage haten eigentlech, fir eis hei ze mellen an hei matzemaachen. An dat war jo och eigentlech eng ganz gutt Saach, wann ee gesäit, dass mir hei deen Award kritt hunn.

Et geet awer net nëmmen ëm déi Auszeechnung, mee virun allem – Dir hat et schonn erwäänt, dat ass eppes, wat schonn säit 2023 elo amgaangen ass. Et ass awer virun allem schonn déi Aarbecht, déi hannendru stécht an déi scho geleescht ginn ass an nach wäert geleescht ginn.

Ech mengen, déi Local Green Deals, ech mengen, ech muss do kengem soen, dass mir do natierlech all déi Projeten immens flott fannen an dass se wierklech eng Plus-value fir eis Gemeng sinn. An ech denken och, dass mir wéi all déi aner Stied, déi sech mat sou Labels auszeechnen, als Gemeng Esch maache solle loossen.

Ech denken awer och, dass een hei gesäit, dass et immens wichteg ass, dass ee grouss

Partner mat an d'Boot hëlt, fir och gréng ze denken. Well ouni déi geet et am Fong net.

Wann een esou Partner an der Stad sëtzen huet, ass et natierlech immens wichteg, dass d'Gemeng eigentlech se mat an d'Boot hëlt, fir ze kucken, wéi mir zesumme kënne méi gréng denken, fir eng méi propper Loft, fir méi Photovoltaik, fir manner Stëbs an eiser Loft ze hunn.

Ech fannen, ganz oft gëtt d'Tendenz geholl, dass déi gréng Politik dobaussen zerriet gëtt. Ech fannen, dass esou e Label, esou en Award, dee mir hei kritt hunn, genau de Géigendeel beweist. Well et eppes ass, wou mer vläicht hanenndru vill schaffe mussen, fir duerno ze weisen, wat mir am Fong opweises hunn, wat mir hannert der Wand am Fong geschafft hunn.

Wéi ech scho gesot hunn, ech mengen, dass et hei wichteg ass, dass mer déi grouss Acteure mat an d'Boot geholl hunn an dass mer och doduercher eeben den néidege Label kritt hunn.

Ech sinn houfreg op eis Gemeng, ech sinn houfreg op déi Aarbecht, déi hei geleescht gëtt, an ech sinn houfreg op déi gréng Politik, déi hei an Esch gemaach gëtt. Ech soen lech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Jo, dat ass erëm ee vun deene Projeten, wou et ëm Ekologie geet. Et ass och ee vun deene Projeten, wou mat engem Award dann ausgezeechent ass. Intelligent Cities.

Sou laang si mer nach net dobäi, an trotzdeem gesäit een, et gëtt ganz oft, solle mer soen, mat der Politik hei an deem Sënn vun Awarde gefuer. Wat ech net weess, ob dat onbedéngt zilfürend ass.

Fir alles gëtt et ewell en Award. An datt een do matmécht, schéngt am éischte Sënn jo net onbedéngt schlecht, awer heiansdo schéngt mir den Award méi wichteg ze si fir verschidde Leit, wéi am Fong geholl wat dohannert stécht. An dat ass e bësse komesch an dat ass e bësse wéi eng Aart Blingblingbling-Politik, wou et am Fong geholl ëm Schickimicki geet an net ëmmer ëm den déiwe Sënn.

An da wollt ech nach eppes soen, et ass jo an der Zesummenaarbecht mat der Commission Européenne. Ech wëll just eppes dozou soen ...

*(Interventioun)*

Wann ech kéint schwätzen? Roueg, dat wär emol gutt.

Jo, dat vun der Remise en question vum Principe de base. Net onbedéngt eng Remise en question, mee vläicht sech mol Gedanke maachen, vu wou och all déi Suen do kommen. Dat heescht, d'Europäesch Kommissioun an déi Fongen, dat sinn am Fong geholl Schold, déi wou gemaach gëtt. Meeschtens ass et jo ëmmer nëmme Schold. Sondervermögen wéi den Här Merz géif soen, wou awer iergendwéi vun eis alleguerten iergendwa muss matgedroe ginn.

Dat heescht, dat sinn héchstwarscheinlech Suen, déi wou déi nächst Generatiounen Europäer da mussen dofir opkommen.

An et ass heiansdo gutt, well an den europäesche Standarden denkt een ëmmer, do kéint een draus schëpfen an dat hätt ni en Enn. Konsequenze ginn et awer iergendwann.

An do misst sech vläicht e bësse méi Gedanken, och philosophesch doriwwer maachen, ob dat wierklech ëmmer sënnvoll ass, do d'Hand opzehalen an do no ëmmer méi Geld, solle mer soen, ze lechzen, fir déi dann a Projeten eranzestiechen, wou muncher ganz gutt sinn, awer anerer wierklech, wou ee sech freet, ob dat wierklech gréng ass. Well et ass net alles gréng an ekologesch, wou Gréng dropsteet.

An do muss jiddwereen am Fong geholl selwer e bëssen iwwerleeën, ob dat wierklech zilfürend ass. Wéi zum Beispill alles op den Elektro ëmzepolen, ass fir mech in Endeffekt, well dat nach vill aner Problemer mat sech bréngt, net onbedéngt déi gréng Léisung.

Et ass vläicht en Deel vum Wee, wou ee ka goen, mee datt elo wéi eng Religioun gebeetsmüleg, ëmmer gebeetsmülenaarteg heescht, Elektresch, Elektresch, Elektresch. Mir kenne soss näischt méi. Dat bezweiwelen ech, ob dat im Endeffekt wäert d'Wourecht sinn.

Also wéi gesot, ech verstinn e bëssen, ëm wat et geet. Ech deelen och en Deel vun deene Saache gäre mat a fanne se sënnvoll, mee ech géif mer trotzdeem e bësse méi, solle mer soen, Nuancen hei wënschen.

Mee voilà, dat war mäi Bäitrag am Fong geholl zu deem Sujet.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Dann huet den Här Baum d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Och no de Wierder vu mengem Virriedner bleiwen ech der Meenung, datt mer alleguer scho gewosst hunn, datt d'Stad Esch weesentlech méi intelligent ass wéi d'Stad Lëtzebuerg. An datt souguer d'Europäesch Kommissioun dat elo feststellt, mengen ech, kann eis just frou maachen.

Ech mengen awer, datt dee Label, dee sech sécherlech am Beräich vun der symbolescher Politik usidelt an deen éischter sou eppes ass wéi en Encouragement, deen als Stad, als Gemeng kritt, déi Efforten, déi bis elo geleescht gi sinn, weider ze bündelen a weiderzedreiwen, sollte mer och als dat wouerhuelen.

Ech mengen, déi grouss Erausfuerderung an där Transition énergétique, déi mer musse maachen, wann mer éischtens de Kampf géint de Klimawandel iwwerhaapt nach wëlle seriö féieren an ophuelen an op der anerer Säit eis eegen Energiesouveränitéit zeréckgewannen, déi mer net hunn, wa mer just op fossill Brennstoffer setzen.

Dee Wee weiderzegoen an als ganz Gesellschaft weiderzegoen, ass, mengen ech, e wichtege Schrëtt an d'Aufgab. An do mengen ech, huet den Här Faltz scho Recht, d'Erausfuerderung fir d'Escher Gemeng geet eigentlech elo eréischt un. An d'Fro stellt sech effektiv, wéi mer outiléiert sinn, fir deenen Erausfuerderungen an der Zukunft gerecht ze ginn.

Well, op jidde Fall sou, wéi ech et verstanen hunn, dat Interessant un deem Challenge vun den intelligente Stied ass eeben, datt d'Stad oder de Pouvoir public sou eng Roll vu Facilitateur a Catalysateur vun Iddien huet. Wou d'Betriber mat agebonne ginn,

wou Associatioune mat agebonne ginn a wou quasi och eng ganz Gesellschaft dorunner participéiert. An dat ass eng grouss Erausfuerderung.

Datt d'Stad Esch déi wëll ugoen, ass, mengen ech, nëmme richteg an och nëmmen ënnerstëtzenswäert. Mee effektiv stellt sech d'Fro, wat dat och fir d'Zukunft bedeit, datt mer als Stad Esch dat och wierklech sou kënne virundreiwen, wéi mer dat eigentlech wollten.

Am Moment sinn an deem doten Challenge – do widderspriechen ech op zwee Punkte mengem Virriedner – nach häerzlech wéineg Suen direkt gefloss. A Sue vun der Kommissioun ginn am Géigesaz zu Staatsbudgeten oder Gemengebudgeten net iwwer Schold finanzéiert, well d'Europäesch Kommissioun keng Schold maache kann.

Dofir, déi doten Argumentatioun stëmmt op jidde Fall fir d'Dimensioun vun europäesche Fongen, déi een eventuell unzape kann.

Am Resümmee kann ech just soen, et ass e richtege Wee, deen d'Stad Esch do amgaangen ass, ze goen. Mir hoffen, datt se och de Plang huet, wéi et virugeet an den nächste Joren a sech och esou opstellt, fir dat dote konsequent kënne weiderzedreiwen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Baum.

Da soen ech lech Merci fir déi encouragéierend Wierder, déi ech natierlech gär weiderginn un eis Servicer.

Et ass richteg, et ass ëmmer d'Fro vum sech weider Opstellen. Dat wat eis dann natierlech ënnerscheet vu sou Risestied, dat mécht, dass mer heiansdo och méi Servicer hunn, déi dann iwwerschneidend zesummeschaffen.

Ech denken, wann een déi heiten Deals kuckt, dass een da wierklech gesäit, dass souwuel d'Promotion économique wéi d'Ëmweltservicer mat bedeelegt waren. D'Informatik a sou weider. Mir hunn do eng gutt Iwwerschneidung. Eis Juristen, eist Secretariat général.

An dat mécht, mengen ech, dat, wat eis Stäerkt dann einfach och hei kann als méi kleng Stad ausmaachen, dass d'Weeër awer méi no sinn an enger Stad wéi bei eis an tëschent de Servicer. Tout en sachant, do hutt Der komplett Recht, dass mer natierlech, wa mer eis déi Lat setzen, dass mer dann och deem musse gerecht ginn an d'Servicer och outiléieren. Net nëmme vum Personal hier, och vum Budget hier, och vun de Moyenen hier, och vun der Reglementatioun hier, fir kënne weider an där Logik do ze schaffen.

Dat heiten ass och – Dir hutt dat och gesot, Här Faltz. Dat hunn ech vergiess, ze soen.

Mir hunn elo sechs Green Deals. Dat schléisst awer net aus, dass weider Green Deals an Zukunft kënnen ënnerschriwwe ginn, déi dann och an dësem Kader hei mat benannt ginn als e Green Deal. An dat ass, mengen ech, och dat, wat mer als Zil sollte setzen.

Dat heescht, wann aner Acteuren deem Appell, deen elo déi éischt sechs Projete virginn hunn, wa weider Acteure sech bereet erklären, sech mellen an och wëlle Partenaire ginn, respektiv op Demandë vun eis äntweren, dann kënne mer eis duerchaus virstellen, fir de Reseau innerhalb vun eiser Stad Esch och weider ze vergréisseren.

Dowéinst ass och dee Label – ech schwätze léiwer vun engem Label wéi vun engem Award – net nëmme Sozialpolitik, mee et ass en Engagement, wat mer zesummen hei als Parteien dann an Zukunft droen.

Den Här Schmit huet gesot, Awards gëtt et fir alles. Ech freeë mech op d'Invitatioun vum ADR, wann Der eng Kéier eng Ausstellung maacht mat den Awards, déi Dir scho fir Äre Meritt alleguerte konnt asammelen als Partei. Ech mengen, mir kommen all zesumme gär da kucken a loossen eis beweisen, dass ee wierklech fir alles en Award kritt.

Ofschléissend soen ech Iech Merci fir déi encouragéierend Wierder.

### 4.1. Projet-Pilote « Solar.Esch » ; convention avec Sudstroum; présentation et décision

### 4.2. Projet-Pilote « Solar.Esch » ; crédit spécial ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An dat hei war eng Presentatioun, sou dass mer bei den nächste Projete kéinte kommen, dee sech och duerchaus eeben an d'Iddi vun der Intelligent City aschreift: de Projet-Pilote Solar.Esch. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir leeën dem Conseil communal haut eng Konventioun mat Sudstroum vir an och e Crédit spécial, sou dass ech proposéieren, dass mer d'Punkte 4.1 a 4.2 am Block kënnen diskutéieren an ofstëmmen.

Se sinn d'Basis fir e Pilotprojet vun der Stad Esch, deen e wichtege Schrëtt ass a Richtung vun enger sozial gerechter Energietransitioun.

Den Numm vum Projet seet et scho ganz däitlech: Solar.Esch. Sonn fir jiddereen.

Et geet drëms, d'Energie vun der Sonn net nëmme fir Proprietäre mat engem eegenen Daach zougänglech ze maachen, mee och fir déi Leit, déi an Appartementer wunnen oder keen Zougang zu enger klassescher Photovoltaikanlag hunn.

D'Stad Esch huet an Zesummenaarbecht mam Fonds Climat et Energie vum Ëmweltministère a mat Sudstroum, eisem 100 % stätteschen, 100 % erneierbare Stroumliwwerant, e Pilotprojet ausgeschafft fir sougenannt Balcon-Photovoltaikanlagen. Also Solar-panneauen, déi einfach ze installéiere sinn an déi een direkt um Balcon fixéiert oder opstellt an déi Stroum fir den eegenen Haushalt produzéieren.

Et ass eng Plug-and-Play-Léisung. Also eng Anlag, déi een ouni groussen Installa-tiounsopwand direkt un d'Stroumnetz vun der Wunneng undocke kann.

Et wäerten zwou Variante ginn, an d'Méiglechkeet, ee Modul ze installéieren zum Präis vun 150 €, bezéiungsweis zwee Modulle fir de Präis vun 250 €.

Den eigentleche Präis vum Material a vun der Installatioun läit bei iwwer 750 € respektiv 1.100 €. Den Ënnerscheed gëtt vun der Stad Esch, vum Fonds Climat et Energie a vu Sudstroum gedroen.

Mir hunn, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an eiser Stad eng ganz grouss Zuel vu Leit, déi net d'Méiglechkeet hunn, eng klassesch Solaranlag bei sech doheem ze installéieren. Iwwer 23.000 Residenten zu Esch wunnen an Appartementer, also méi wéi 64 % vun der Populatioun.

Dës Leit ware bis elo vun der Energietransitioun praktesch ausgeschloss. Dëse Projet setzt genee do un. Et geet ëm eng sozial gerecht Energietransitioun. Déi meescht vun deenen

23.000 Leit wëlle matmaachen, wëllen hiren Deel zum Klimaschutz bäidroen, awer bis elo huet et u prakteschen, un zougänglече Méiglechkeete gefeelt.

Duerch Solar.Esch gi Locatairen, Leit mat Balconen endlech en aktiven Deel vun der Stroumproduktioun.

Wie ka matmaachen a wéi funktionéiert de Projet? U sech all Resident mat engem entspriechende Balcon, dee keen Zougang zu engem konventionelle PV-System huet, kann eng Demande un d'Administratioun vun der Stad Esch stellen.

D'Demande gëtt u Sudstroum weidergeleet, Sudstroum mécht en Devis. A wann d'Awunnerin oder den Awunner den Devis akzeptéiert, da gëtt d'Installatioun vum System duerch Sudstroum oder seng Partneren assuréiert.

D'technesch Komponente si vun héijer Qualitéit, made in Europe, mat engem Wiesselriichter a soss allem, wat néideg ass, fir eng sécher an effizient Stroumproduktioun um eegene Balcon.

Falls d'Awunnerin oder den Awunner an der Situatioun ass, dass e keng eege Steckdous um Balcon huet, dann ënnert verschiddene Konditiounen och eng fachgerecht Installatioun vun esou enger Steckdous um Balcon am Präis abegraff.

De Gesamtbudget vum Projet, dee mer op dräi Joer gesinn, also vun 2025 bis 2027, läit bei 467.707,00 € fir geplangt 500 Installatiounen. Dee Käschtepunkt gëtt verdeelt op d'Stad Esch, déi 150.000 € zum Projet bäisteiere wäert, de Fonds Climat et Energie, deen och nach eng Kéier 150.000 € bäisteiere wäert, a Sudstroum, déi dann do d'Differenz och nach bäisteieren. An doriwwer sinn ech frou, well domadder Sudstroum och säin Usproch ënnersträicht als Entreprise, och senger sozialer Responsabilitéit nozekommen.

D'Reschtkäschte ginn dann duerch déi bezuelt Präisser vun de Biergerinnen a Bierger gedeckt.

Fir 150 oder 250 € kann also jidderee mat engem passende Balcon matmaachen a selwer Stroum produzéieren, säi Verbrauch reduzéieren an emissiounsfräie Stroum notzen.

Mir mengen, dass Solar.Esch e Pilotprojet mat Potenzial ass. A falls de Projet gutt ugeholl gëtt, kënne mer d'Zuel vun de Kits erhéijen, Typologië vun de Léisungen entwéckelen, vläicht och d'gemeinschaftlech Notzung vu PV-Flächen an de Residencen encouragéieren.

D'Zil ass op jidde Fall kloer: Mir wëllen Esch zu enger Stad maachen, déi net nëmme klimaneutral gëtt, mee um Wee dohinner och gerecht an inklusiv ass bei dëser Transitioun. An et ass mir wierklech wichteg ze betounen: Dëse Projet huet net nëmmen eng klimapolitesch Relevanz, mee virun allem eng sozial Dimensioun.

Fir vill Mënschen zu Esch, besonnesch déi mat niddregem Akommes, sinn d'Energiekäschten e ganz reelle Stress-facteur. E Solarmodul ka ganz konkreet hëllefen, Stroumrechnungen ze reduzéieren.

Mir proposéieren Iech haut also e Projet, dee pragmatesch ass, sozial, klimafrëndlech an zukunftsorientéiert. Et ass e Schrack, dee weist, dass mer net just vu Klimaschutz schwätzen, mee och konkreet a lokal handelen.

Ech bieden Iech ëm Är Ënnerstëtzung fir dëse Projet, deen, wéi gesot, elo wäert ulafen, wa mer den Accord kréie vum Conseil communal. Dann ass d'Umeldephas iwwert en Online-Formulaire ganz einfach um Site solar.esch.

lu méiglech. Et ass e ganz onkomplizéierte Formulaire. An d'Umeldungsphas ass eigentlech ab muer op, an da wäerte mer kucken, wéi vill Interessi bei de Biergerinnen a Bierger ass. An da wäerte mer déi nächst Schrëtt virbereeden.

Ech bieden Iech ëm Ënnerstëtzung fir dëse Projet. Komm, mir bréngen all zesummen e bësse Sonn op all Escher Balcon. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Wie kann ech aschreiwen? Wie wëll eppes dozou soen? Madamm Scholl.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeescher, Dir Léif alleguerten, ech fannen dat eng enorm flott Iddi, dass mer dëse Projet och hei sou wäerten ëmsetzen. Jo, mir ginn enger sozialer gerechter Energie, mer ginn op dee Wee.

Ech hunn elo eigentlech eng Fro. Mech interesséiert dëse Projet, dee géing ech direkt esou unhuelen, mech aschreiwen. Elo ass d'Fro, wann elo d'Fassad geschützt ass, dierf ech do trotzdeem sou e Panel dohi setzen.

Dir hutt all d'Erklärunge ginn, wouriwwer ech och ganz frou sinn, mee déi Fro hätt ech awer nach. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl.

Elo den Här Pulli an duerno d'Madamm Ragni.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Ugefaange vläicht mat enger Zuel. 78 % vum Stroum, deen zu Lëtzebuerg verbraucht gëtt, kënne mer net selwer produzéieren, mee mer mussen en aus dem Ausland akafen. Dat mécht eis natierlech verwondbar; souwuel wirtschaftlech, geopolitesch an awer och energietechnesch.

Mir hu gesi mam Ugrëffskrich vu Russland an aner aktuell Krisen, dass mer nach ëmmer ofhängeg si vu Länner, mat deene mer eigentlech net wierklech eppes wëllen ze dinn hunn. D'Energiepolitik ass also scho laang net méi e rengt Ëmwelttheema, mee och en Deel vun der Wirtschaftspolitik a Sécherheetspolitik.

Dat heescht, och fir e Land wéi Lëtzebuerg oder fir eng Stad wéi Esch gëllt also: All Kilowatt aus eegener nohalteger Energiequell bedeit e Stéck méi Resilienz an e Schratt a Richtung $CO_2$-Neutralitéit.

An dofir ënnerstëtze mir dëse Projet och a wäerten e matstëmmen. Et ass eng interessant Iddi a weist eeben, wéi scho gesot ginn ass, de Bierger a Biergerinnen, dass si selwer kënnen aktiv ginn. An et gëtt eeben och Leit aus Appartementer d'Méiglechkeet, selwer e klengen Deel vun hirer Stroumconsommatioun ze produzéieren.

Mir mussen eis awer och bewosst sinn, dass trotzdeem vill Escher an Escherinnen, déi um Enn vum Mount sou just oder knapps d'Enner beienee kréien, dat wäerte finanziell trotzdeem net kënne stemmen.

Dofir kann ee sech vläicht och do Gedanke maachen, wéi een nach deene Leit vläicht iergendwéi kann hëllefen.

Dobäi kënnt, dass et eiser Meenung no och wichteg ass, grad am Beräich vun der Transitioun eng koherent Politik ze maachen. A mir däerfen net aus den Ae verléieren, dass mir do Efforte musse maachen, wou natierlech och energietechnesch dee gréissten Impakt ass.

An do schwätzen ech zum Beispill vun den Diecher vun de kommunale Gebaier. Ech mengen, wa mir esou e Pilotprojet maachen, musse mir och als Gemeng wierklech nach méi mam gudde Beispill virgoen. An do gëtt awer trotzdeem zu Esch nach ganz vill Potenzial, wat d'Gemengegebaier ugeet.

E weideren Impakt huet een natierlech bei de privaten Daachflächen. An do si mer dann elo e bësse verwonnert. Den Här Sehovic huet bei dësem Projet vun 150.000 € geschwat, déi vun der Gemeng Esch zur Verfügung gestallt ginn. Wann een dann elo am Budget 2025 kuckt, do si 50.000 € just dra fir Photovoltaik a Wärmepompelen. An dat ass eeben déi Koherenz, déi eis do e bësse feelt.

Ech mengen, fir en anert Beispill ze ginn, d'Gemeng Déifferdeng hat an de leschten zwee Joer 600 Demanden, mat engem Plaffong vu 500.000 €. An do ass ee bei 3 Milliounen Euro.

A well mir elo net just wëlle kritiséieren, mee och konstruktiv Propose maachen, proposéieren ech dann haut am Numm vun der LSAP eng Motioun, déi da freet, dass de Subsid fir Photovoltaikanlagen, awer och fir Wärmepompelen erhéicht gëtt an eigentlech un deen ugepasst gëtt vun den Nopeschgemengen.

Well aktuell si mir bei 10 % vun deem, wat de Staat gëtt. Aner Gemenge wéi Déifferdeng, Schëffleng oder och Käerjeng sinn do bei 50 % vum staatleche Subsid. Mir spillen do wierklech also an der ganz ënneschter Liga mat.

Mee nodeems wat de Buergermeeschter virdrun och gesot huet am Beräich vun der Intelligent City, maachen ech mir elo och keng Gedanken, dass déi Motioun elo keng breet Zoustëmmung fënnt. An dofir soen ech Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Pulli.

D'Madamm Ragni huet d'Wuert.

**Mme Mandy Ragni (déi gréng)**

Merci, Här Buergermeeschter. Merci fir d'Virstellung vum Projet.

Mat Solar.Esch brénge mir d'Sonn zu Esch fir jiddereen op de Balcon, fir dass jiddereen un enger Energietransitioun deelhuele kann. An net nëmme fir déi, déi en eegenen Daach hunn.

Dëse Projet ass bewosst einfach, an ech betounen nach emol, fir jiddereen zougänglech. An dat ass fir mech déi richteg Visioun vun enger nohalteger a méi gerechter Stad.

Et geet och drëms, d'Stad aktiv ze informéieren an ze sensibiliséieren, wéi ee méi nohalteg liewe kann. Mat dësem Pilotprojet, dee vun 2025 bis 2027 leeft, setze mir e staarkt Signal: Esch wëll virgoen, wëll weisen, wéi d'Energietransitioun och einfach ka goen.

Ech sinn houfreg, dass mir als Gemeng dëse Wee mat eise Bierger zesumme ginn, fir méi Gerechtegkeet, fir méi Respekt virun eisem Ëmfeld an eisem Klima.

Solar.Esch ass e weidere Schratt an d'Zukunft. Mir maachen aus Energiepolitik eng Bierger-

politik: zougänglech, sozial a lokal. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Ragni.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, Solar.Esch ass e Projet, dee wou am Fong geholl ganz gutt ausgesäit. An obschonn datt ech vläicht e puer Remarken hunn zu der Method am Fong geholl, wéi de Strom da recoltéiert gëtt. Warscheinlech ass dat jo keng individuell Batterie, wou een do notze kann, wou dee Strom also cumuléiert gëtt. Dee wäert wuel erëm an de Reseau zeréckfléissen.

Mee dofir vläicht e puer kleng Explikatiounen dozou. Dat wär vläicht flott, fir datt ee sech och bildlech virstelle kann, och déi Leit, wou concernéiert sinn, wéi dat dann herno am Fong geholl wäert ausgesinn. Wéi technesch am Fong geholl dat vir sech geet a grob a klenge Schrëtt erkläert.

Dat wär vläicht eppes, wou d'Leit dann e bësse sech besser kéinten e Bild maache par rapport zur Recolte vum Strom an d'Zeréckfürung. Ob dat och eemol den Dag gemaach gëtt, ob do Zäite sinn, ob een dat überhaupt ka permanent maachen. Oder zu wellchem Präis dat gemaach gëtt. Ob do Differenze sinn. Wéini datt een dat mécht; däerf een dat och ëmmer maachen.

Also sou kleng, solle mer soen, Feinheeten, wou ee vläicht e puer zousätzlech Erklärungen dozou kéint ginn.

Wéi gesot, Sonnenenergie ass am Prinzipp eng gutt Saach a fir mech och en Deel vun der Léisung vun deem heite Problem. Et ass net, datt mir, an ech, géint déi ekologesch, an deem Sënn, Energiegewannung sinn. Dat heescht, dat hei fannen ech och eng gutt Saach.

Et ass just, datt ech mech froen, ob dat ëmmer soll zu 100 % sinn. An do ass bei mir, solle mer soen, wou ech denken, datt dee Wee net, soe mer, zilfürend wär.

Dat heescht an deem Sënn, mir droen dat doten dann hei och mat. Fir d'Leit ass dat bestëmmt interessant, wa se do och kënnen an engems och nach e puer Suen dobäi spueren.
An dann hoffe mer, datt dee Projet dann och, wéi gesot, praktesch en Erfolleg gëtt. An da gesi mer mol, da maache mer mol e Bilan, wann dat bis eng Rëtsch Méint oder Woche gelaf ass. Da kann ee jo nach ëmmer kucken, wéi sech dat entwéckelt.

Mee am Prinzipp, wéi gesot, si mer derfir an ech soe Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Den Här Baum huet d'Wuert.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Ech mengen, dat wat hei mat Solar.Esch gemaach gëtt, entsprécht engem grousse Manktum, dee mer zu Esch hunn an deen och an der Präambel vun där heiter Konventioun drasteet. Nämlech „la sensibilisation aux enjeux de la transition énergétique demeure encore insuffisante."

An ech gesinn doranner dee gréisste Verdéngscht vun deem heite Projet, deen, mengen ech, manner doranner besteet, grouss Quantitéite vun Energie ze produzéieren, mee dee Wee ze goen, kënnen dorunner ze participéieren un enger energeetescher Transitioun, mat der Méiglechkeet, effektiv och selwer Suen anzespueren.

Mir hate bis virun engem Joer, oder annerhallwem Joer bis mer op eemol eng Regierung kritt hunn, déi fonnt huet, se misst de Kampf géint de Klimawandel sou gestalten, datt en net méi nervt. A se hu fonnt, datt héich Subventioune fir Photovoltaikanlagen, dat wier anscheinend eppes, wat nerve géif. Dofir hu se déi erofgesat, sou datt d'Leit, déi elo op hiren Diecher eng Photovoltaikanlag maachen, manner subventionéiert ginn. Dat heescht, datt dat manner attraktiv ginn ass.

Virdru war et esou, et ass eng Subventioun bis zu 62,5 % ginn, an d'Escher Gemeng huet dann nach eng Kéier 10 % dropgeluecht. Da ware mer op, zesummegerechent, 68,5 %; also méi wéi zwee Drëttel vun de Käschten, déi vun der ëffentlecher Hand gedroe gi sinn. Elo si mer just nach knapps iwwer 50 % duerch den neie Regimm, an deem mer dra sinn.

Dofir, hei hu mer eng Subventionéierung vun 80 %, déi gemaach gëtt fir déi kleng Anlagen, déi ee kann op den eegene Balcon maachen. Ech mengen, dat ass och eppes, wat effektiv och eng sozial Dimensioun huet.

Net nëmme well et Montante sinn, déi net sou grouss sinn, mee virun allem och, et ass déi quasi eenzeg Méiglechkeet fir Locatairen, fir selwer kënne Stroum ze produzéieren. Well e Locataire wäert jo wuel kaum um Daach vu sengem Proprio eng Photovoltaikanlag installéieren. Hei huet hien d'Méiglechkeet, selwer zu engem Acteur ze ginn. An dat ass och, mengen ech, ganz wichteg.

Den Här Pulli huet et virdrun effektiv ugeschwat, mir haten och an de Budgets-debatte schonn dovunner rieds. Dat ganz grousst Potenzial, wat mer zu Esch awer hunn, wat Diecher ugeet, gëtt nach ëmmer net genotzt.

A wann een deen heite Projet, dee jo éischter an d'Breet gestreet ass, sollt een onbedéngt och dofir notzen, fir Reklamm ze maache fir déi Méiglechkeete vu Subsiden, déi et gëtt, fir grouss Anlagen op den eegenen Diecher ze maachen. Méi Efforten do maachen, wéi dat am Moment de Fall ass.

An da sinn ech och natierlech direkt beim Här Pulli a bei der Motioun vun der LSAP, déi, mengen ech, ganz richteg ass an déi inhaltlech, mengen ech, e richtege Wee aschléit.

Mir musse kucken, och als Stad Esch eis Verantwortung ze iwwerhuelen, wat d'Subventiounen ugeet. Och a Momenter, wann de Staat seng zeréckfiert. Ech mengen, mir musse wierklech kucken, fir do en zolitten Effort ze maachen, sou datt mer, och wann elo nach Verhandlungen iwwer déi Motioun, wéi ech gesinn, amgaange sinn, mat der Motioun ganz averstane sinn an déi och sécherlech wäerte matdroen.

E leschte Gedanken: Solarenergie ass an der Transition énergétique e ganz wichtege Facteur. Ech wéilt awer, an ech wäert mech och net ginn domadder, och drop opmierksam maachen, datt bei Sudstroum scho virun 10, 15 Joer Iwwerleeunge gelaf sinn, fir eng weider Source unzezapen. Nämlech Wandenergie.

An et sinn Analyse gemaach ginn an eng Demarche ass entwéckelt ginn, wéi een och d'Wandenergie verstäerkt kéint um Territoire vun der Stad Esch respektiv an den Nopeschgemengen notzen, och vläicht am

Transfrontalier, fir kënne Grénge Stroum ze produzéieren.

An ech hoffen an ech géif mer wierklech wënschen, datt déi Reflexiounen och bei Sudstroum weidergefouert ginn, datt déi Analysen an déi Machbarkeetsméiglechkeete weidergedriwwe ginn.

Dëst gesot, et ass e gudde Projet Solar.Esch. En huet ganz staark d'Dimensioun vun der Sensibiliséierung, vun der Participatioun vun de Leit un der energeetescher Transitioun. An dat fënnt eis komplett Zoustëmmung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Merci.

Am Fong geholl wollt ech net schwätzen, mee ech mengen awer zum Theema vun der Motioun an och dat, wat den Här Baum elo gesot huet, wollt ech awer nach e puer Prezisioune ginn.

Déi Motioun wëll jo elo net hei iergendee widdert d'Mauer drécken. An där Motioun geet et mol virun allem drëm, dass alles, wat Evaluatioun an hei an do eriwwer ass. Dir sidd elo aacht Joer um Rudder, ech mengen, dass mer elo sou lues kéinte gesinn, wéi eng Evolutioun mer hunn a wéi eng net.

Wann ech gesinn …

*(Interventioun)*

Mäi Mikro ass un. Wann Der wëllt matschwätzen, kommt Der heihinner. Da kënne mer zu zwee schwätzen.

Wa mer gesinn, dass d'Escher Gemeng 40.000 € u Subside gëtt fir renouvlable Energien. 40.000 €. A wa mer gesinn, dass déi Gemengen, déi grouss Prozentsätz ginn, siwestelleg Zommen u Subside ginn, dann ass dat jo just e Wëllen, ob mer an d'Dekarboniséierung investéiere wëllen oder ob mer just doriwwer schwätzen.

Dir hutt elo just doriwwer geschwat, dass Der wëllt eng Intelligent City sinn. Ma wannechgelift, da sidd intelligent.

Wa mer wëssen, dass eng Stad, déi e bësse méi kleng ass wéi eis, 600 Demanden huet. Wannechgelift, Här Sehovic, sot mir, wéi vill Demanden d'lescht Joer hei zu Esch erakomm sinn, fir op 40.000 €, mol net, ze kommen. An déi aner bei 1,5 Millioune leien. Dat ass e Committment zu enger Dekarbonisatioun. Wou bleift deen dann?

An da kommt Dir elo mat Ärem Balconsprojet. Dat ass dach just e Supplement. Dat ass léif, dat ass flott. Absolutt. Dat ass zougänglech fir jiddereen; ech ginn do absolutt mat, mir ginn alleguer deen Dénge mat.

Mee mir hunn zum Beispill 20.000 € am Budget stoen, fir staatlech Ënnersichungen ze maache fir eis eege Gebaier. Do si Budgetsartikelen, déi ginn emol knapps genotzt. Do brauche mer 3.000 € hei, 3.000 € do.

Firwat ass deen Daach hei net voller Photovoltaik?

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

En ass.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Do ass e klengen Deel Photovoltaik. Iwwregens Geoportail, ech hunn Iech et ëmmer un d'Häerz geluecht. Huelt deen eng Kéier an d'Gemitt.

Hei läit vläicht en Drëttel vun deem Potenzial, dat hei méiglech ass.

*(Interventioun Här Bruno Cavaleiro)*

Dach, Här Cavaleiro. Geoportail.lu, dat ass och fir Iech zougänglech. Open Data. Gitt et kucken. En Drëttel, wann iwwerhaapt, notzbar.

Eis Gemengelageren, vläicht en Drëttel genotzt. Eis Schoulen, vläicht e Fënneftel genotzt.

Dir kënnt sou vill Kapp rëselen. Kuckt roueg. Jo?

An da gi mer elo hin a soen, elo rette mer hei eis Solarstrategie mat de Balcone vun de Leit. Jo? Ass dat et? Wat hu mir da selwer gemaach? 40.000 € Subsid? Wat hu mer da selwer gemaach?

An dobäi hu mer jo awer eng enorm Chance. Mir hu Sudstroum als Partner. Ech mengen, kee Mënsch huet déi Chance, déi mir mat Sudstroum hunn.

Éischtens, well et eisen eegene Betrib ass. Zweetens, well e super schafft. Super zouverlässeg ass. An et ass ee sécher, datt ee mat deem dohinner kënnt, wouhin een och wëll.

An da streide mer hei, fir nach iergend e Knäschtdéngen an déi Motioun ze maachen. Ganz éierlech.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz. Ginn et soss nach Wuertmeldungen?

Dann erlaben ech mer ze reagéieren op de Punkt 4.2, well ech mengen, dass mer dee jo da géingen zesumme stëmme mam 4.1, wou et eeben ëm de Crédit spécial geet.

Dat heescht, wa mer elo de 4.1 géinge stëmmen, da géing dat och bedeiten, dass mer duerno de 4.2 misste stëmmen. Dat bedeit, dass mer dann am Budget en neien Artikel géinge bäischreiwen. Den Artikel heescht „Centrale électrique de balcon – acquisitions et installations". An do wäert een dann 250.000 € draschreiwen.

Op der anerer Säit géing dann awer en Artikel op Null gesat ginn: „Immeubles divers – Optimisations énergétiques".

Ech wëll awer do just drop hiweisen, dass et net esou ass, dass an der Lescht et net zu Optimisations énergétiques komm ass, an dass et och net esou ass, dass mer elo keng Optimisations énergétiques géinge maachen.

Wann Der d'Konte gekuckt hutt aus de leschte Joren, wou deen Artikel och schonn dra war, wann Der d'Rectifiéë gekuckt hutt, dann ass deen Artikel eigentlech ëmmer als Puffer genotzt ginn. An et war esou, wa mer tatsächlech grouss Renovatiounsprojete gemaach hunn, dass dann do déi Optimisation énergétique einfach mat an de Projet do era gelaf ass.

Ech ginn Iech e Beispill: Wann een en Haus, en Appartementshaus mat e puer Sozialwunnenge renovéiert huet, da sinn einfach an deen Artikel vun deem Projet vun där Renovatioun do automatesch op deen Artikel gelaf an domadder bezuelt ginn.

A bei klengeren Investissementer war et esou, dass dat iwwer de Budget ordinaire déi dote Renovatiounen, déi Optimisatioune konnte gemaach ginn. Dat heescht, dat heite war souwisou just e Pufferartikel, dee mer haten.

Dat ass einfach nach eng Prezisioun par rapport zum 4.2, dee mer duerno misste stëmmen.

Ech erlabe mer dann och als Finanzschäffen eng Remark ze maachen zu der Motioun, wou ech mengen, dass déi Motioun an der Iddi komplett richteg ass, dass een déi eigentlech kéint stëmmen. Ech muss awer soen, dass ech an der Form Bauchwéi domadder hunn an een dowéinst awer misst Ännerunge maachen, och bei all Opreegung, Här Faltz, déi Der elo hei un den Dag geluecht hutt.

Et ass net eng Motioun, déi decidéiert, fir en Taux de subvention eropzesetzen, mee dat ass e Reglement. Dat heescht, de richtege Wee wär eigentlech, fir hinzegoen an ze soen, de Gemengerot invitéiert de Schäfferot, fir eng Propositioun ze maache vun enger Augmentatioun. An da géing een dat an der Kommissioun diskutéieren an da kéint een dat nach ëmmer an enger nächster Etapp stëmmen.

Mee wa mer dat doten elo stëmmen, da seet dat näischt aus. Et seet näischt aus, zu wéi engem Moment mer déi Augmentatioun maachen. Mir hunn e Budget gestëmmt, deen huet net jidderee matgestëmmt, mee do ass e gewësse Montant dra virgesi gewiescht, fir tatsächlech – et ass e Montant, en Artikel dra virgesinn. Dat heescht, dat muss een och en compte huelen.

Dir grinst, Här Baum, mee dat do ass e bëssen eng Motioun, wou ze einfach, ze plakativ de Prozess duerstellt, deen awer méi komplizéiert ass.

Mir haten d'Beispill vum Impôt foncier, wou mer jo och dee Wee gaange sinn. Mir hunn eis zesummegesat, dunn hu mer eng Evaluatioun gemaach. Mir hu gekuckt, wéi vill Terraine sinn tatsächlech betraff. Mir hunn zesummen diskutéiert an herno hu mer eng Léisung fonnt, där hei konnt unanime zougestëmmt ginn.

An der Saach si mer eis all eens, als Finanzschäffen hunn ech e bësse Bauchwéi. Mee ech mengen, dass dat net de sprangende Punkt sollt sinn, mee den Här Sehovic wäert op déi aner Remarken agoen.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech versichen, op d'Froen anzegoen.

Ugefaange bei der Fro, wat geschützt Fassaden ugeet. Also de Projet riicht sech wierklech u Balconen. Et ass net virgesinn, dass mer d'Fixatioun un der Fassad maachen. Wann de Balcon geschützt ass, da gëtt et awer Méiglechkeeten, och op engem geschützte Balcon Saachen ze installéieren. Dir kënnt jo och do Blummebacken installéieren zum Beispill.

De Formulaire um Internetsite ass esou opgebaut, an dat brauche mer och, fir kënnen d'Envergure vun den Aarbechten anzeschätzen, dass all Demandeur och e puer Fotoe vun där Balconssituatioun muss eroplueden, wann en de Formulaire erascheckt, fir dass ee kann evaluéieren, wat ass den Impakt dovunner. An da kënnt een an e Berodungsprozess an da kritt een eng Offer gemaach, wann et passt, wann et machbar ass. .Oder wann et net machbar aus verschiddene Grënn, da kritt een dat och erkläert.

An dat hunn ech wierklech versicht, a menger Ried ze maachen; an den Här Baum huet et richteg ervirgestrach: Et ass net mat deem heite Projet, wou mer wäerten energieautark ginn hei zu Esch.

Et ass awer e Projet, wou mer 67 % vun den Escherinnen an Escher, déi bis haut keng Méiglechkeet haten, an iergend enger Form Deel vun däser Transitioun ze ginn. Et ass eise prioritären Objectif, hinnen d'Méiglechkeet ze

ginn, an dat Boot mat eranzeklammen a ganz konkreet eppes ze maachen, primairement fir hir eege Stroumrechnung ze reduzéieren.

Wéi gesot, mir sinn hei an enger Plug-and-Play-Léisung. Et montéiert een et um Balcon, et stécht een et a seng Steckdous an direkt gëtt de produzéierte Stroum an den eegene Circuit injektéiert. An domadder, ab der éischter Minutt, ass een amgaangen, manner Stroum aus dem Reseau ze zéien, an domadder geet d'Stroumrechnung direkt erof. Dat ass de primären Enjeu hei. An dat heescht, et ass e Projet, dee primairement e soziale Objectif huet.

A fir dat och weider ze ënnersträichen, a well Der richteg gesot hutt, dass et natierlech och Leit gëtt, fir déi 150 € oder 250 € och eng Staang Geld sinn, hu mer eigentlech och dès le départ virgesinn, fir zesumme mam Office social a mat Sudstroum et esou ze maachen, dass Clientë vum Office social esou Anlage géinge komplett gratis zur Verfügung gestallt kréie kënnen.

Wat d'Remarke vum ADR ugeet an d'Informatioun um Bierger wëll ech op den Internetsite verweisen, wou mer en FAQ, also e Fragen-und-Antworten hunn, wou all méiglech Froen an Äntwerten, d'ailleurs och nach d'Froen aus der konsultativer Kommissiounssëtzung. Dat huet eis och nach eng Kéier weidergehollef, den FAQ nozeschäerfen.

Do fannen d'Leit wierklech eng Guidance. An dann de Moment, wou se de Formulaire ausfëllen, deen einfach gehalen ass, wou een net ganz vill muss ausfëllen, ab deem Moment kënnt een an en Dialogprozess mat der Gemeng a mat Sudstroum. An da kuckt een d'Finalitéiten. Mir huelen d'Leit do mat.

Et geet eigentlech drëms, de Biergerinnen a Bierger eng Léisung, déi clé en main ass, ze offréieren. Et muss een näischt selwer installéieren, et muss ee keng Recherchë selwer maachen. Et geet een op de Site, et liest ee sech dat duerch, et mécht een eng Demande. An ab do iwwerhuele mir.

An da wëll ech agoen op déi lescht Ausféierung vum Här Faltz. Also ech fannen, déi Method e bësse belustegend, fir am Geoportail ëmmer vun uewen duerch d'Landschaft ze zéien an dann dorauser seng Konklusiounen ze zéien.

Ech mengen, mir wäerte méi spéit nach eng Kéier dorobber zeréckkommen. Well wann een dat dote mécht, dann huet een natierlech just e parziellt Bild vun der Situatioun.

De Fait, dass hei um Gebai effektiv net all d'Daachfläche couvréiert sinn, huet mat statesche Grënn ze dinn. Do kann net iwwerall e Panneau installéiert ginn. Dofir ass dat deemools evaluéiert ginn, an de maximale Potenzial op deem Gebai; an op allen anere Gemengegebaier ass hei exploitéiert ginn.

A mir sinn amgaangen – ech hunn d'Zuelen elo net matgeholl, mee mir hate virun zwee oder dräi Conseil-comunallen d'Debatt iwwer de Bilan vun der Sudstroum, an do hunn ech d'Zuelen an och déi Potenzialer an och déi massiv Croissance vun der Solarenergie, déi mer op de gemengeneegenen Diecher schonn installéiert hunn, an déi Acceleratioun an de leschten zwee Joer lech mat Zuelen ënnermoolt.

An ech hunn deemools gesot, dass dat eng encourageant Entwécklung ass, mee dass nach extreem vill ze di bleift. Domadder si mer ganz oppen, do si mer, mengen ech, ganz kloer.

Wat d'Demande ugeet, fir de Subsid fir d'Solarpanneauen ze änneren. Här Faltz, de Subsideregimm op nationalem Niveau huet komplett geännert virun net allze laanger Zäit.

Dat ass och schonn erkläert ginn.

Dat heescht, eng Evaluatioun ze maache vun deenen neie Gegeebenheeten, mee virun allem ze kucken – et ass jo net just ee Subsid. Mir hunn e ganze Primmeregimm op d'Bee gestallt, fir d'Transitioun ze maachen.

Déi Primmen hunn en Zesummespill mat-eneen. Se evaluéieren, wat geschitt, wann een un enger Schrauf dréint. Ob déi finanziell Incentivë fir all déi aner Schrauwen nach bestoe bleiwen oder wéi eng Effekter dat produzéiert, dat ass duerchaus eppes, wat een evaluéiere kann, wat een evaluéiere muss, wann ee verantwortungsvoll mat Steiersuen ëmgoe wëll.

De Buergermeeschter huet et gesot, am Prinzipp si mir alleguer, mengen ech, hei am Haus eens op der Fuerderung, déi den Här Pulli gemaach huet. Ech hunn elo séier versicht, tëscht den Interventioune mam Här Pulli eng Kompromëssformulatioun ze fannen, déi ganz séier déi Prezisioun, déi och den Här Buergermeeschter thematiséiert huet, géing erabréngen.

Et schéngt mer, wéi wann dat elo hei am Conseil communal immens komplizéiert gëtt, fir dat kuerzfristeg ze maachen. Mee ech soen lech nach eng Kéier, ech mengen, dass mir eis eens ginn um Fait. Ech mengen, dass do jiddereen d'accord ass, fir op de Wee ze goen, fir e maximal attraktive Regimm unzebidden.

Meng Propos wär elo, wann Der interesséiert sidd, wierklech konstruktiv dat doten unzegoen, dass mer d'Motioun verweisen an d'zoustänneg Kommissioun an dass ee se do diskutéiert, do eng Evaluatioun mécht.

An da bleift natierlech ëmmer nach d'Méiglechkeet bestoen, entweeder eng modifizéiert Motioun dann eranzeginn oder, wann Der net zefridde sidd mat deenen Diskussiounen an deenen Aarbechten, d'Motioun nach eng Kéier eranzebréngen.

Dat wär déi Offer, wou ech elo einfach mengen, am Interêt vun der Saach, wär et warscheinlech déi konstruktiivst Approche. An dat ass op jidde Fall déi Offer, déi ech gär der LSAP géing maachen.

Wéi gesot, mir sinn hei an engem Pilotprojet. Mir wäerten ab muer d'Umeldephas lancéieren an da wäerten, esou wéi bei alle Projeten, à fur et à mesure d'Leit Step by Step begleeden. An en fonction vun deene Retouren, déi mer kréien, de Projet weiderentwéckelen.

Ech soe Merci fir déi vill Ënnerstëtzung fir dee Projet. Et ass en innovante Projet, deen een esou zu Lëtzebuerg nach net gesinn huet, an der ganzer Groussregioun nach net gesinn huet.

An en adresséiert sech eeben u Leit, déi bis elo och net vun deem Primmeregimm profitéiere kënnen, iwwer dee mer grad geschwat hunn. Déi keen eegenen Daach hunn, mee déi eeben dann an Zukunft op hirem Balcon ganz einfach Stroum, erneierbare Stroum produzéiere kënnen.

Merci fir d'Ënnerstëtzung.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Sehovic.

Da kucken ech op den Här Pulli, ob hien op d'Propos vum Här Sehovic reagéiere wëll.

**M. Sascha Pulli (LSAP)**

Wéi soll ech elo soen?

Ech kéint mer et ganz einfach maachen an e bëssen hei am Walprogramm vun Ärer

Partei virliesen, wat Der wéilt maachen an deem Beräich. Voilà, dat heescht, dat ass ganz am Aklang mat där Motioun, wou mer hei fuerderen.

Mee wéi gesot, fir ze weisen, dass mer kompromëssbereet sinn, si mer da mat deem Kompromëss d'accord.

Wéi gesot, mir mussen awer wierklech probéieren, déi Ressourcen, wou mer hunn, genau do anzesetzen, wou mer se och brauchen. An do gehéiert awer och dee Subsid, eng Erhéijung vun deem Subsid dozou. An do si mer awer iwwerzeegt dovunner. An dann hoffe mer, dass mer dann eng gemeinsam Léisung fannen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dat heescht, mat der Propos, dass ee sech an der Kommissioun zesummesetzt oder tëschent – ech mengen, dass dat einfach ass, wann Dir lech zesummeschalt. An dass ee vläicht am September oder no der Rentrée direkt eppes am Gemengerot stëmme kéint, eppes ausschaffe kéint bis dohinner. Dass dat de richtege Wee wier.

Här Sehovic.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Wéi gesot, mir wäerten dat do elo ganz séier op den Ordre du jour setze vun enger Kommissioun, déi mer och séier convoquéiere wäerten. Dat kënne mer jo elo zesumme kucken, ob Der nach wëllt, ob mer dat nach virum Summer séier maachen oder ob et duergeet, dat am September ze maachen. Dat diskutéiere mir elo ënnert eis.

Ech menge schonn, dass et hei wierklech utile wär, de Status quo vum bestoende Regimm ze maachen. Dass dat eppes ass, wat fir alleguert d'Kommissiounsmemberen interessant ass. An da bréngе mer do eng Propositioun eran.

Ech wëll nach eng Saach bemierken, well iwwer d'Montanten, déi am Budget drastinn, Vergläicher gemaach gi sinn.

Mir hunn ëmmer erëm hei am Conseil communal Budgete bei de Primmen nogestëmmt, wann d'Demande méi grouss ass. Sou dass ech mech do elo net ze vill dorobber festhänke géif.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Da kéinte mer de 4.1 a 4.2 zesummen ofstëmmen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 5. Esch Youth Olympiad, projet Erasmus+ ; présentation

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer eng Presentatioun. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech hat Iech schonn d'lescht Joer bei der Presentatioun vum Budget 2025 iwwert dëse Projet geschwat. Haut dierf ech Iech de Projet virstellen, deen net nëmmen ambitiéis ass, mee och symbolesch fir eis Stad a fir eis Politik am Jugend- a Sportberäich ass.

D'Esch Youth Olympiad 2025, déi vum 28. Juli bis den 3. August 2025 an eiser Stad stattfanne wäert.

D'Esch Youth Olympiad ass en internationale Jugendaustausch, organiséiert vum Service Jeunesse an ënnert dem Lead vum CRIJE – Centre de Rencontre et d'Information pour Jeunes. Och nach ënnert dem Jugendhaus. Mat der Participatioun vu siwe Länner: Lëtzebuerg, Frankräich, Däitschland, d'Belsch, Éisträich, Italien a Portugal.

54 Jonker am Alter tëschent 15 a 25 Joer, begleet vun erwuessene Leaderen, treffe sech fir eng Woch vu Sport, gesondem Liewen an interkulturellem Léieren.

Dëse Projet ass am Kader vum Programm Erasmus+ agereecht ginn, wéi mer dat schonn annoncéiert haten. An zwar net vun der Gemeng direkt, mee vum CRIJE als Porteur officiel fir de Projet.

Dës Approche war bewosst gewielt, well se eis erméiglecht huet, eng 100 % Finanzéierung ze kréien, amplaz vu 50 %, wéi et de Fall gewiescht wier, wann d'Gemeng als Promoteur an als Porteur opgetruede wier.

Dëst ass e Beispill, wéi mir intelligent mat europäesche Programmer a lokale Strukture schaffen, fir méi Mëttel fir d'Jugend ze mobiliséieren – ouni Belaaschtung vum lokale Budget.

De Projet gliddert sech a zwou Phasen. Déi éischt Phas: Den 21. bis 24. Juni, also ab muer, empfänke mir d'Leaderen a Jugendverantwortlech aus eise Partnerstied zu Esch. Et geet ëm eng preparativ Phas, d'Koordinatioun a konkreet Ausriichtung vum Austausch.

Déi zweet Phas: Déi éischt Augustwoch, mat Arrivée den 28. Juli an Depart den 3. August, ass der Jugend gewidmet. Eng Rei vu Sportaktivitéiten, Atelieren, Debaten an interkulturellen Erfarungen.

D'Youth Olympiad dréit net nëmmen d'Faarwen vun Erasmus+, mee fëllt och zwou gréisser lokal Strategië mat Liewen. Déi éischt, Esch – Ville Européenne du Sport 2025. Dëse Projet passt perfekt an d'Visioun, déi mir mam Titel «Ville Européenne du Sport 2025» droen, dee vun ACES Europe vergi gouf.

Mir wëlle Sport als Mëttel fir Inklusioun, Gesondheet a Kohesioun fërderen. D'Olympiad ass dofir eng konkreet Uwendung vun dëser Ambitioun, an och eng Visittekaart fir eis Stad vis-à-vis vun eisen internationale Partneren.

Déi zweet: YES – Young people in Esch-sur-Alzette Study, déi vun der Uni gefouert gëtt. Dat heescht, zousätzlech integréiert sech dëse Projet an de Plan communal Jeunesse 2024-2026 an d'Etüd, déi mir mat der Uni Lëtzebuerg féieren.

Et gëtt wäit méi wéi just eng sportlech Woch. Et ass en Aarbechtsraum, wou mir d'Stëmm

vun de Jonken héieren, si encouragéieren, aktiv matzegestalten, a mir parallell soziologesch Erkenntnisser an de Feedback vum Terrain kréien.

D'Youth Olympiad ass en symboltrage Projet. E Projet vum Zesummeliewen an der Diversitéit,e Projet fir aktiv Jonker mat Meenung a Beweegungsdrang, e Projet, wou lokal Infrastrukturen a Leit europäesch Dimensiounen unhuelen.

Esch beweist domat seng Capacitéit fir Innovatioun am Jugendsecteur an eis Fäegkeet, fir déi europäesch an déi lokal Dimensioun zesummenzebréngen.

D'Lëscht vun de Stied, déi deelhuelen, gesitt Dir jo hei um Slide. Wéi gesot, mir als Stad Esch als Organisateur, Portugal, Coimbra, fir Däitschland Köln, fir d'Belsch Liège, fir Frankräich Lille, fir Éisträich Mödling, fir Däitschland nach eng Kéier Offenbach am Main, Frankräich Puiteaux an Italien Turin.

Dëse Projet riicht sech net nëmmen un déi 54 Participanten, déi aus de Partnerlänner bei eis op Esch kommen. Mir gesinn d'Esch Youth Olympiad och als Opriff un all déi Jonk, déi bei eis an der Stad, fir aktiv deelzehuelen, Inspiratioun ze fannen an international Frëndschaften ze entwéckelen.

Dofir wäerte mir geziilt och d'Lycéeë vun eisem Territoire mat an de Programm abannen a si invitéieren, un ausgewielte Momenter deelzehuelen, wou si als Zuschauer, als Fräiwëlleger oder fir sech un Diskussiounen ze bedeelegen.

Mir wëllen domat Brécken tëschent lokaler an internationaler Jugend schafen a weisen, dass esou Projeten och e Raum fir Begeeschterung a Mobiliséierung hei an eiser Stad sinn; net just fir déi, déi offiziell deelhuelen.

De Programm hutt Der jo schonn am E-Conseil kritt. Wéi gesot, d'Phas 1 ass elo vum 21. bis de 24., wou d'Leaderen eeben hei zu Lëtzebuerg kommen, fir déi Preparatiounen ze maachen.

An dann an der zweeter Säit déi ganz Programmatioun vum 28. Juli bis den 3. August, wou eeben déi eenzel Vertrieder vun de Villejumeléeën och bei eis op Visitt sinn a wou mer versichen, natierlech ganz vill Austausch, awer och ganz vill Sportsmanifestatiounen ze encadréieren an och unzebidden. A wéi gesot, och nach vun eise kulturellen Infrastrukturen profitéieren, fir deenen och Esch besser ze presentéieren.

Mir versichen, do och eis Geschäftsleit mat eranzehuelen. Dat heescht, all déi Iesse ginn ëmmer hei zu Esch organiséiert, bei eise Restaurateuren. Eis Jugendherberg gëtt benotzt, fir eeben déi Jugendlech och ze empfänken. Dat ëmmer an engem Esprit, datt alles zu Esch och soll stattfënnen.

Ech wëll de Service Jeunesse, d'Hélène Moench an d'Cindy Rodrigues e grousse Merci soen. Dem CRIJE, Centre de Rencontre et d'Intervention pour Jeunes Esch, dem Christelle Kodisch och e grousse Merci soen. An eis Partnerstied.

Esou wéi d'Jugendkommissioun, an och natierlech dem Service des Sports, deen hei ganz, ganz grouss Hëllef geleescht huet, fir natierlech deen heite Projet entwéckelen ze kënnen. Well mer och natierlech op déi Sportsinfrastrukturen zeréckgräifen, déi mer och op eisem Territoire hunn.

Dofir wéi gesot ganz häerzlech Merci un all deenen, déi un den Dossier gegleeft hunn.

Esch beweegt net nëmme kierperlech, mee och politesch, sozial a kulturell. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Cavaleiro.

Gëtt et Wuertmeldungen zu dësem Dossier? Madamm Agovic.

**Mme Enesa Agovic (LSAP)**

Merci. Ech sinn hei e bësse verlooss, mee ech wollt awer hei sëtze bleiwen a virun allem och drop agoen, dass dat effektiv e ganz, ganz flotte Projet ass. Mir kruten deen och an der Kommissioun virgestallt. Et kléngt wierklech super.

An dowéinst sinn ech och wierklech sëtze bliwwen, fir deenen, déi dat organiséieren, dem Service Jeunesse an och dem Jugendhaus, deen do mathëlleft, fir hinne wierklech e ganz grousse Luef hei auszeschwätzen, wéi gutt si dat maachen.

Ech hu si nach gëschter an der Uelzechtstrooss gesinn, wéi se do mat de Weenercher ronderëmgelaf sinn. Also do wierklech e ganz, ganz grousse Merci och u si.

Bon, e bësse schued ass et, dass et wierklech am August ass, wou et hoffentlech net wäert ënnergoen. Ech hoffen, dass wierklech vill Leit wäerten dohi goen, fir just déi Ënnerstëtzung ze weisen, déi si och verdéngt hunn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Agovic.

Madamm Scholl.

**Mme Daliah Scholl (DP)**

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguer, Här Schäffe Cavaleiro, ech weess, firwat dass Dir Iech de Ressort Jugend am Fong wollt unhuelen. Sou bleift Dir och ëmmer jonk. Dat gesinn ech hei mat deem sportleche Programm, deen Der hei elo presentéiert hutt.

Ech fannen et eng super Geschicht, fir d'Jugend an Esch ze bréngen. Ech mengen, eng Stad lieft effektiv ëmmer weider an op, wann een d'Jugend heihinner zitt. Dat ass grâce och vun deem flotte Programm.

E grousse Merci effektiv dann och un d'Jugendhaus an de Service Jeunesse an de Service Sports.

Ech fannen et awer och ganz flott, dass effektiv och e Workshop organiséiert gëtt an der Konschthal. Super. Ech fannen et och flott, dass den Elektron sech dru bedeelegt. Den Elektron Esch.

Ech mengen, mir hu vill ze bidden hei zu Esch a mir sollen och d'Stad sinn, wou déi Jonk heihinner kommen. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Scholl.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci villmools, Här Buergermeeschter.

Et ass jo am Prinzipp eng gutt Saach. Dat heescht, et ass net nëmmen onbedéngt Kritik, wou elo wäert kommen. Mee trotzdeem ass mer do eppes opgefall, wéi ech e bësse gebliedert hunn.

Fireworks in Esch. Ech hat geduecht, dat wier iergendwéi net méi sou, solle mer soen, en vogue. Dat wonnert mech dann, wann ech dat, deen Detail hunn ech do bemierkt. Dir kënnt mer vläicht e puer Erklärungen dozou ginn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Gëtt et soss nach Wuertmeldungen? Dann huet den Här Cavaleiro d'Wuert, fir ze äntweren.

**M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen**

Ech soen Iech villmools Merci fir déi voll Ënnerstëtzung fir dee Projet.

Ech mengen, et ass e Projet, dee fir Esch ass, fir eis Jugend. An dee Projet dréit keng Faarf, mee ech sinn natierlech frou, dee kënnen ze presentéieren. Dat war wierklech eng kloer Volontéit, fir engersäits d'Jugend ze mësche mat eise Ville-jumeléeën. Natierlech am Sport. Dat hei fält voll an deem Joer vun Esch – Capitale des Sports.

Zum Här Schmit, also mir hunn hei sécherlech kee Freedefeier. Et ass e Workshop an engem Beräich, dee mat Feier ze dinn huet. Awer elo kee Freedefeier.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Cavaleiro.

## 6. PAP-QE ; adaptation ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt 6, d'Adaptatioun vum PAP Quartier existant.

Wann dat d'Demande vum Conseil ass, da kéint ech elo nach eng Kéier déi selwecht Presentatioun wéi de leschte Gemengerot maachen, wou mir hei scho Modifikatioune vum PAG gestëmmt hunn. Dat opgrond vun den Arrêtë vun der Cour administrative, déi am Kader vum PAG deliberéiert goufen.

Ech mengen awer, dass d'Presentatioun, mol vläicht net onbedéngt meng, awer déi vun der Madamm Wagner ganz gutt war, dass et keng gréisser Froe méi do gouf. Ech mengen, dass de Vott d'lescht Kéier zwar unanime war an dass et och keng weider Wuertmeldunge gouf. Dowéinst mengen ech, dass ech d'Presentatioun och net wäert musse maachen. Dir kennt den Dossier an ëm wat et geet.

Dat wat mer hei musse stëmmen haut, dat ass, nodeems mer d'lescht Kéier d'Modifikatioun am PAG gestëmmt hunn, dass mer elo nach eng Kéier eng Modifikatioun mussen am PAP Quartier existant stëmmen.

Ganz konkreet bedeit dat, dass mer mussen d'Kartografie, déi heizou gehéiert, dass mer dorunner Markéierungen op deenen zwee Haiser, déi vum Arrêt betraff waren, dass mer déi Markéierung och an der Kartografie ännere mussen.

Wéi dat ganz genau ausgesäit, dat hat Der am Dossier virleien. Do konnt Dir dat kucken. De Punkt kritt eng aner Fëllung, mengen ech.

Wann et Wuertmeldungen dozou ginn – dat ass net de Fall. Da kéinte mer dës Adaptatioun ofstëmmen. Au vote.

- ☑ Aldin Avdic
- ☑ Marc Baum
- ☑ Pascal Bermes
- ☑ Liz Braz
- ☑ Tammy Anna Broers ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ Bruno Cavaleiro
- ☑ Steve Faltz
- ☑ Ben Funck
- ☑ Pierre-Marc Knaff
- ☑ Sacha Pulli
- ☑ Mandy Ragni
- ☑ Dejvid Ramdedovic
- ☑ Bernard Schmit
- ☑ Daliah Scholl
- ☑ Meris Sehovic
- ☑ Christian Weis
- ☑ Joy Weyrich
- ☑ André Zwally

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den Här Cavaleiro huet mech gefrot, fir nach eng Prezisioun oder eng Richtegstellung ze ginn.

Den Här Schmit huet gefrot, ob Fireworks. Wann ee genau kuckt, Fireworks, dat ass net en Atelier, wou et ëm Feier geet, mee dat ass am Kader vun de Feierlechkeete vum Virowend vun Nationalfeierdag. An do ass och dëst Joer weiderhin e Freedefeier.

Dat heescht, dat ass dat, wat do am Timing ageschriwwe war. Et geet do ëm ganz normal Feierlechkeeten, déi mer Nationalfeierdag wäerten hunn.

## 7. Questions de personnel traitées en séance publique

### 7.A.1. Création d'un poste de fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, auprès du service Comptabilité ; décision

### 7.A.2. Création d'un poste de fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, auprès du service Logement ; décision

### 7.A.3. Création d'un poste dans la carrière C1 (CCT SAS) auprès des structures d'éducation et d'accueil – suppression poste d'employé dans la carrière C1 ; décision

### 7.A.4. Création d'un poste dans la carrière C2 (CCT SAS) auprès du service de l'Enseignement – accompagnement bus ; décision

### 7.A.5. Création d'un poste de travailleur désigné dans le statut du salarié à tâche intellectuelle assimilé au groupe d'indemnité A2, sous-groupe scientifique et technique, auprès de la Cellule Sécurité ; décision

### 7.B.1. Décision de classement de Madame C.H., agent engagé dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du service Gestion événementielle ; décision

### 7.B.2. Décision de classement de M.M.F.P., enseignant dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du Conservatoire ; décision

### 7.C. Prolongation de stage Monsieur P.R.P., fonctionnaire C1 administratif, Biergeramt ; décision

### 7.D. Réduction de stage de M.C.F., fonctionnaire dans le groupe de traitement A1, sous-groupe enseignement musical ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei de Punkt Nummer 7, dat ass d'Personal. Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech proposéieren dann, mol séier doduerch ze goen. Mer maachen dat wéi ëmmer, Kreatiounen a Suppressiounen.

Am Departement vun de Finanzen am Service Comptabilitéit gëtt eng Creation de poste vun engem Fonctionnaire gemaach, am Grupp B1.

Dann hu mer an der Coordination sociale, am Kader vun der neier Struktur, wat de Logement ubelaangt, do maache mer och eng Creation de poste vun engem Fonctionnaire am Grupp B1.

An dann hu mer an der Struktur vun der Educatioun, am Accueil vun der Administratioun, do maache mer eng Kreatioun vun engem Agent administratif. Dat ass e Salarié à tâche intellectuelle. A mir maachen och gläichzäiteg eng Suppressioun vun engem Posten Employé communal.

Dat war e Posten, dee ganz am Ufank kreéiert gouf. A mir sinn doduerch, dass mer déi Suppressioun maachen, eigentlech an de Kader komm, wou se alleguer d'selwecht an engem Kollektivvertrag sinn. Schaffen elo alleguer ënnert dem Statutt vum SAS.

Dann hu mer an der Struktur, d'selwecht an der Educatioun, am Accueil an an der Administratioun, do maache mer eng Kreatioun vu véier Poste vun Agents socio-éducatifs vun 20 Stonnen. Do geet et drëm, fir Kanner ze begleeden an deenen eenzele Bussen, déi dann hir Aarbecht doranner fannen.

An dann hu mer nach Decision-de-classementen. Do ass dann e Klassement ze maachen an engem CDD vu fënnef Méint am Departement vun den Affaires économiques. An dann hu mer nach dat selwecht am Conservatoire, wou mer och nach eng Kéier d'Klassement musse maachen.

Eng Prolongation de stage am Biergeramt an och eng Reduction de stage. All d'Krittäre sinn erfëllt, an dofir géif ech Iech dann och bieden, deem heiten zouzestëmmen.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Dat do war villes. Gëtt et Wuertmeldungen zu dëse Punkten?

Da stëmme mer déi och zesummen. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 8.1. Acte de vente relatif à un appartement sis 56, rue Guillaume Capus (lot 6N) ; décision

### 8.2. Acte de vente relatif à une maison sise 4, rue Maria Mitchell (lot 7N) ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Bei den Transaktiounen hu mer zwee Akte virleien. Acte-de-venten.

Deen éischte betrëfft en Appartement an der Residence Mont-Blanc, de 6N. En Appartement vu ronn 90 m2 fir den definitive Präis vu 453.000 €. Dat am Bail emphytéotique.

An dann en zweeten Akt fir d'Vente vun engem Haus am 7N. De Präis vu 655.000 €. Dat am Bail emphytéotique.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 9.1. Maison relais Lallinger Daich ; construction ; devis ; décision

### 9.2. Ecole Nonnewisen ; installation de protections solaires ; devis ; décision

### 9.3. Ecole Lallange ; centrale détection incendie ; remplacement ; devis ; décision

### 9.4. Ecole Jean Jaurès ; aménagement ascenseur ; devis ; décision

### 9.5. Ecole en forêt ; logement de service ; rénovation ; devis ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Den nächste Punkt sinn d'Devisen. Eng néng Devisen hat Der am Dossier leien.

Ech mengen, och eng ganz Rëtsch Devisen, wou mer eis, mengen ech, freeën, fir dass mer déi haut zesumme stëmme kënnen. Zum Beispill notamment déi, wou Investissementer am Enseignement betreffen.

Ech regruppéieren e bëssen an der Duerstellung an och am Vott herno. Den éischten Devis, dee mer stëmmen, ass iwwer 10,5 Milliounen Euro. E betrëfft d'Konstruktioun vun enger neier Maison relais am Lallenger Däich.

Et ass e Projet, deen néideg ass, well grad am Quartier Lalleng awer eng grouss Demande do ass fir Maison-relais-Plazen. A well et och e Quartier ass, wou an deene leschte Joren ëmmer huet musse gekuckt ginn, dass d'Kanner deelweis vun der Schoul an eng aner Maison relais ginn, oder bruecht ginn.

Dës Maison relais géing deem, mengen ech, Rechnung droen. E Kreditt iwwert eng éischt Millioun ass am Budget 2025 ageschriwwen. Am E-Conseil konnt een och d'Detailer gesinn zum Bau.

Den zweeten Devis iwwer 150.000 € gëtt gestëmmt fir d'Installatioun vu Voillen am Schoulhaff vun den Nonnewisen. Déi solle virun der Sonn schützen a Schiet spenden. Dann ass och nach, dass Storen do wäerten installéiert ginn an deem awer virun allem gliesene Schoulgebai, fir eeben och do de selwechten Effet ze hunn.

An dann ass och nach virgesinn an deem Montant, de Wee an de Keller erof besser ofzesécheren zum Schutz vun de Kanner, déi an der Schoul do sinn. Heifir si schonn 120.000 € am Budget 2025 ageschriwwen.

D'Lallenger Schoul kritt en neie Système de détection d'incendie. Den Devis heivunner beleeft sech op 180.000 €. An da kritt d'Jean-Jaurès-Schoul e Lift installéiert, fir dass dëst Gebai och op allen Niveaue soll PMR-gerecht ginn. Den Devis chiffréiert sech hei op 250.000 €.

A schlussendlech e leschten Devis fir den Enseignement iwwer 300.000 € fir d'Renovatioun vun der Conciergewunneng an der Waldschoul.

Et ass net onbedéngt virgesinn, dass nach an all Schoul weider solle Conciergewunnenge sinn, mee op dëser Plaz, an der Waldschoul, déi jo awer e bëssen à l'écart ass vun Esch, do mécht et absolutt Sënn, fir weiderhin eng Wunneng ze behalen. Dass eeben och eng Persoun op der Plaz lieft, déi e Bléck kann drop halen, wat do op der Plaz geschitt no den Auerzäiten.

Gëtt et Wuertmeldungen zu dësen Devisen? Dat ass net de Fall, da géinge mer déi emol zesummen ofstëmmen?

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 9.6. Immeuble rue des Remparts, 37 ; rénovation ; devis ; décision

### 9.7. Immeuble rue de Luxembourg, 130 ; Centre pour toxicomanes ; travaux divers ; devis ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci fir dee Vott. Dann huele mer déi nächst Devisen.

Dat ass en Devis am Beräich Logement fir d'Renovatioun vum soziale Logement. Dat ass en Eefamilljenhaus op 37, Rue des Remparts. Den Devis chiffréiert sech op 250.000 € fir eeben d'Renovatioun vun dësem Logement social.

An dann en nächsten Devis iwwer 30.000 €. Do geet et ëm d'Haus, wou den Droge-konsumraum dran installéiert ass, wou Aarbechten am Keller gemaach musse gi wéinst Fiichteg-keetsproblemer.

Gëtt et dozou Wuertmeldungen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 9.8. Rue des Charbons ; canalisation ; renouvellement E.U. et E.P. ; devis ; décision

### 9.9. Rue Dieswee ; réaménagement ; devis ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An ofschléissend zwee Devisen, déi Infrastrukturprojete betreffen.

Als éischt en Zousazdevis iwwer 150.000 € fir de Renouvellement vun der Kanalisatioun am Kuelebierg. Den initialen Devis vun 2021 war deemools op 600.000 € chiffréiert ginn; déi hei kommen dann dobäi.

An dann e méi décken Devis fir d'Reamenagement vum Dieswee. En Devis iwwer 4,8 Milliounen Euro. Ech zielen elo net op, wat fir e Montant, wat fir e Crédit op wat fir engem Artikel am Budget ageschriwwen ass. Et geet hei wierklech ëm d'Amenagement vun dem ganzen Dieswee a vun de Reseauen.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

### 10.1. Convention avec le MENJE relative à la Maison Relais Lot 6N Nonnewisen; décision de mise à disposition

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Konventiounen. Déi éischt Konventioun mam MENJE, an do huet den Här Sehovic d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech kann et ganz kuerz maachen.

Déi virleiend Konventioun betrëfft déi nei Maison relais Nonnewisen, déi mer d'nächst Schouljoer an de Betrib huele wëllen a wou mer elo am Bau sinn.

D'Konventioun reegelt u sech d'Participatioun vum Staat, méi prezis vum MENJE eeben, an de Coûts de construction. Dat ass e Virgang,

dee mer sou scho fir all déi aner Maison-relaisen och gemaach hunn.

Ech erlabe mer d'Remark, dass ech der Meenung sinn, dass d'staatlech Participatiounen am deem Beräich net méi zäitgeméiss sinn an och schonn zënter enger ganzer Rei Joren net ugepasst gi sinn.

Ech hunn awer positiv zur Kenntnis geholl, dass déi Montanten an Zukunft sollen adaptéiert ginn. Do waarden ech ganz gespaant op eng Propos.

Ech bieden hei ëm Zoustëmmung fir déi virleiend Konventioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 10.2. COHS : Convention de mise à disposition d'un bureau pour travaux administratifs ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Déi nächst Konventioun betrëfft de Sport, dofir huet den Här Zwally d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Dir wësst, dass mer elo amgaange sinn, de Veräiner an der neier Sportshal d'Méiglechkeet ze ginn, fir an hir Büroe kënnen ze goen. Mir hunn am Ganzen néng Büroen, wou mer zur Dispositioun gestallt hunn.

Ech mengen, mir hunn eis Gedanke gemaach, wéi mer dat am beschte kadréire kënnen. Si kréien natierlech verschidde Saachen zur Verfügung gestallt, ënner anerem och eng Salle de réunion. A virun allem mengen ech, hu mer am Ganzen iwwer sechs Saachen, déi mer zur Verfügung stellen, mat deene se da kënnen iwwer dat ganzt Joer schaffen.

D'Durée vun der Konventioun hu mer elo mol op ee Joer gemaach, déi dann natierlech awer kann à tacite reconduction d'année en année ka weidergefouert ginn.

Mir sinn der Meenung, dass mer deelweis och mussen oppassen, wat d'Obligatioune vun Associatioune sinn. Eng vun deenen ass, dass mer net wëllen, dass eng Souslocatioun kënnt an deene Büroen.

Mir sinn der Meenung, das jiddwereen e Büro zegutt huet, awer net soll op de Wee goen, fir Souslocatioun dovunner ze maachen. Well mer dat net gutt fannen. Ech mengen, et ass exklusiv virgesi gewiescht fir déi Clubben, déi an der Sportshal sinn.

An da mengen ech, hätt ech bal alles gesot, wat eis e bëssen um Häerz läit. Fir de Rescht, wann nach Froe sinn, stinn ech natierlech gär zur Verfügung.

Ech wollt awer och soen, dass mer de 14. Juni eng Porte ouverte hate vun den neien Trainingshalen. Déi war ganz gutt besicht a mer hunn och wierklech ganz vill positiv Feedbacke kritt. Asoufern waarden ech dann op Är Suggestiounen oder Froen, wann Der der hutt.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ginn et Wuertmeldungen? Den Här Funck.

**M. Ben Funck (LSAP)**

Merci, Här Buergermeeschter, merci, Här Zwally.

Mir si frou, dass dat doten elo prett ass. Et war just eng technesch Fro.

Soe mer mol, wann zwee, dräi Veräiner sech elo e Büro deele wëllen, well se jo net permanent een do hunn an déi sech eens ginn, gëtt do all mat all Veräin herno e Kontrakt gemaach oder gëtt pro Büro e Kontrakt gemaach, wou dann zwou, dräi Partië kënnen dra sinn? Hu mer do iergendeppes virgesinn, wéi mer dat reegele wäerten?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Funck.

Dann nach den Här Baum an duerno kommen d'Äntwerten zesummen.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Wéi ech dat hei gelies hunn, muss ech éierlech soen, hunn ech net richteg verstanen, u wie sech dat adresséiert. Dat heescht, wann ech lech elo nogelauschtert hunn, sinn et déi Clubben, déi an der Sportshal selwer sinn.

Dofir fannen ech de Wording net ganz glécklech, wann do steet „met à disposition de l'association un bureau pour éffectuer des travaux administratives relatives à la gestion des clubs sportifs". Well dat huet fir mech esou geklongen, wéi wann et eng Federatioun wier, also déi Associatioun.

Vläicht kënnt Der dat – also ech si mam Prinzipp averstanen – nach eng Kéier iwwerkucken. Dann ass et och vläicht besser, et mécht ee kloer, datt een uewe seet, et ass eng Convention-type. Et ass net eng konkreet Konventioun, déi mer elo hei ënnerschreiwen, mee et ass e Prinzipp, eng Convention-type.

An dat Drëtt: Och wann de Schäfferot e Boysclub ass, et ass jo duerchaus méiglech, datt och eng Presidentin oder eng Sekretärin ënnerschreift. Datt ee vläicht „Madame, Monsieur" dohinner schreift.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Zwally huet d'Wuert.

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Also am Virfeld ass ëmmer d'Direktioun geholl ginn, fir ze soen, et ass exklusiv fir déi, déi am Zentrum hire Sport maachen. Ech mengen, dat ass d'Ausriichtung gewiescht.

Ech weess nach, dass mer d'Diskussioun eng Kéier haten, fir vun enger Maison des Sports ze schwätzen. Well mir wësse jo, wéi et ass, wann op eemol déi eng oder déi aner anescht ënnerstëtzt ginn – a mir hunn 88 Sportsclibb, déi dann op eemol kommen, fir ze froen, kënne mer net och dat selwecht kréien.

Mir schaffen dorun, fir eng Kéier eng Maison des Sports ze maachen, wou mer dann den administrativen Deel, deen ëmmer ganz oft gefrot gëtt, einfach kënnen dann do zesummen organiséieren.

Dat anert ass esou, dass mer elo natierlech e bëssen déi formell Froen, déi Der elo gestallt hutt, kënnen ëmänneren, mat der Madamm respektiv och mat engem Contrat-type.

Eis geet et wierklech dorëms, se an d'Verflichtung ze huele par rapport zu deem, wat se zur Dispositioun kréien. Et gehéiert eigentlech eis, an domadder verbonne musse se dat deementspriechend och wëssen.

Et gëtt keng Souslocatioun gemaach. Déi Clibb, déi am COSH Sport maachen, dat sinn déi, déi dat prioritär wäerten da kréien. Okee?

Dir kënnt net higoen als, komm, ech soen elo mol als Federatioun oder als iergendwéi en anere Club ...

**M. Ben Funck (LSAP)**

Wann de Basket oder den Handball dee wëllen deelen, kënne si dann de selwechte Büro hunn?

**M. André Zwally (CSV), Schäffen**

Nee, nee. Mir sinn der Meenung, dass dat näischt gëtt.

Mir maachen ëmmer d'Erfarung och am prakteschen Deel; ob dat op aneren Terrainen ass. Wann zwou verschidde Sportaarten op engem Terrain sinn, gëtt et ëmmer Kaméidi.

Hei bleift et däint. An et ass och net sou grouss, dass de kanns soen, mir kënnen elo ouni Problem eppes Aneres dora maachen. Okee?

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Ech hunn op d'Madamm La Vecchia gekuckt, eis Juristin. Déi Ännerung, déi Dir ugeschwat hutt, déi kënne mer an der Konventioun ouni Problem sou aschreiwen. Dat heescht, mir géingen et da mat deene Propose stëmmen.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 11. Confirmation des règlements temporaires de circulation ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Verkléiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci, Här Buergermeeschter.

Et geet haut ëm d'Confirmatioun vun zwee temporäre Verkéiersreglementer. Deen éischte betrëfft d'Rue Lise Meitner an den Nonnewisen. Do geet et ëm Raccordements-aarbechten, do muss d'Strooss gespaart ginn. Dat ass awer, mengen ech, elo kee Problem fir d'Residenten, vu dass do nach kee wunnt.

Deen zweete betrëfft d'Kanalstrooss. An do géif ech gär méi am Detail drop agoen.

Ech wëll d'Geleeënheet notzen, fir verschidde Behaaptunge vun deenen engen oder aneren hei am Sall an Zeitungsartikelen an an de Soziale Reseauen anzegoen an e puer Punkte richtegzestellen.

Wéi Der Iech sécher nach alleguer erënnere kënnt, gouf de Vëloswee an der Kanalstroos hei am Gemengerot de 4. Abrëll, also viru méi wéi zwee Méint, eestëmmeg ugeholl. All d'Conseillere ware vollëmfänglech informéiert an hätte sech aktiv an d'Aus-aarbechtung abanne kënnen: an der konsultativer Mobilitéitskommissioun, a Gespréicher, an hirer Aarbecht hei am Conseil communal.

Vill Awunner si frou iwwer de Reamenagement. An den Austausch mat deene Biergerinnen a Bierger an deene lokale Geschäftsleit, déi méi skeptesch waren, huet scho laang virun der Polemik vun deem engen oder anere stattfonnt. Wéi et an der gudder demokratescher Praxis üblech ass.

D'Stad huet schonn ugefaangen, zesumme mat de Leit sur place do nozebesseren, wou eppes nozebesseren ass. Wéi dat och bei allen anere grousse Verännerungen ëmmer de Fall ass.

Déi éischt Resultater vun deem Dialog si scho längst ëmgesat. Weider Resultater hu mer gëschter mam Geschäftsverband zesumme kommunizéiert; an dorobber kommen ech nach ze schwätzen.

Ee vun de Kärvirwërf vun de leschten Deeg betrëfft d'Zuel vun de Parkplazen, déi wéinst dem Projet verluer gaange sinn. Hei ginn Zuelen an d'Ronn geheit, déi absolutt net mat de Fakten iwwereneestëmmen.

Tatsächlech sinn am Kader vun der Ëmge-staltung vun der Kanalstrooss 17 Parkplazen ewechgefall. Hannert mer gesitt Der de Plang. Dir kënnt uewen nozielen; mir loossen dat elo e bëssen ablende fir déi, déi net wëllen zielen.

Dat heiten ass d'Situatioun virun der Ëmge-staltung mat 38 Emplacementer an zwou Zones de livraison.

Wann een den nächste Slide kuckt, dat ass d'Situatioun duerno, da gesäit een, jo, et sinn der op der enger Säit ewechgefall, op der anerer Säit sinn der bäikomm. A gläichzäiteg goufen och an den ëmleiende Stroossen Alternative geschaf oder ginn nach aktuell iwwerpréift.

Dat heescht, déi zirkuléiert Zuele vu 25 bis souguer 45 Parkplazen, déi ëmmer mol erëm an de Raum geheit ginn, sinn däitlech iwwerdriwwen.

An enger demokratescher Ëffentlechkeet zielt Genauegkeet. Wie bewosst iwwerdreift, setzt net nëmmen de sachlechen Debat op d'Spill, mee schwächt och d'Vertrauen an de politesche Prozess als Ganzt.

A well mir méi un de Léisungen interesséiert si wéi un der Polemik, hu mir säit der Innovatioun eng Panoplie vu weidere Mesuren en place gesat, fir de Suerge vun de Geschäftsleit entgéintzekommen a fir zousätzleche Parkraum fir d'Residenten ze schafen.

D'Vëlospist gouf punktuell méi schmuel gemaach, fir den Accès fir de Liwwerverkéier ze vereinfachen. Mir schafen erëm, an dorëms geet et haut, mat der Ännerung vum temporäre Reglement eng dediéiert Liwwerzon virun engem Restaurant, déi och an Zukunft ab 12 Auer fräi fir de Parking ass.

Mir verbessere fir d'Awunnerinnen an d'Awunner d'Offer vum Garage de nuit. D'Auerzäite ginn erweidert ab nächster Woch. Bis elo konnt ee parken tëschent 18.30 Auer an 8 Auer moies, ab nächster Woch gëtt déi Dauer verlängert. Et kann een ab 17 Auer bis 9 Auer vum Garage de nuit zum selwechten Tariff profitéieren.

Dëst fir och de geännerten Aarbechtsgewunnechte vun eise Residenten ze entspriechen.

Déi zweet Ännerung, wat de Garage de nuit ubetrëfft, ass en neien Tariff vun 2,50 € pro Nuecht fir déi Leit, wou keen Abonnement vun 30 € pro Mount oder 250 € pro Joer bezuele wëllen, mee punktuell hiren Auto am Parking Brill wëllen eng Nuecht laang ofstellen. Do gëllen déi selwecht Auerzäiten: 17 Auer bis 9 Auer.

An ab Mëtt Juli féiere mer testweis ausserdeem en neie Programm fir d'Escher Geschäftsleit an. Si kënnen hire Clienten an Zukunft zwou Stonne gratis Parking an den zwee Parkhaiser am Stadkär – also de Parking hei ënnert dem Stadhaus an de Parking Brill – schenken, wann an der Gastronomie oder am Commerce consomméiert gëtt. Ganz einfach iwwer eng digital App-Léisung.

An esou wäerte mer weiderhin eiser Responsabilitéit nokommen. Duerch konkreet Handelen, duerch e sachlechen Dialog an duerch de Wëllen, zesumme mat de Biergerinnen a Bierger Projete weiderzeentwéckelen. Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Villmools merci, Här Sehovic.

Ech ginn dovunner aus, dass et Wuertmeldungen zu dësem Verkéiersreglement gëtt. Den Här Faltz huet d'Wuert.

**M. Steve Faltz (LSAP)**

Jo, ech hale mech awer wierklech kuerz hei.

Här Sehovic, de Quartier lauschtert Iech no, wat déi Zuelen ubelaangt, wat den Dialog ubelaangt an déi Mataarbecht vun deem Quartier an där doter Saach. Méi wëll ech elo net soen.

A wat déi Kommunikatioun mat der ACAIE ubelaangt, do si mer eis jo awer eens, dass dat déi lescht Kéier ass, wou déi ënnert där doter Form wäert stattfannen. Ech soen elo net méi.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Faltz.

Den Här Baum.

**M. Marc Baum (déi Lénk)**

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech war jo e bësse sou Spectateur an Echangen op Soziale Reseaue vun deenen engen a vun deenen anere vun Artikelen. An ech muss lech soen, eppes emol virausgesat, ech hunn dat doten och mat votéiert an ech fannen dat e gutt Konzept.

Et gëtt awer näischt méi Schlëmmes wéi e gutt Konzept, wat schlecht ëmgesat gëtt. An déi Aart a Weis wéi Der elo gesot hutt, déi Mesuren an déi Diskussiounen, déi Der an deene leschten Deeg gefouert hutt, beweist jo awer, datt, wéi et ëmgesat ginn ass, iwwerstierzt war.

Datt et net genuch am Dialog mat de Leit war. An datt Der opgrond vun där Diskussioun, der demokratescher, déi an enger demokratescher Ëffentlechkeet stattfonnt huet, Ännerunge respektiv nei Propose maacht.

Wat ass schlecht un der Ëmsetzung? Ech mengen, et ass net gutt ëmgesat, datt net genuch mat de Leit aus dem Quartier diskutéiert an informéiert ginn ass. Bei mech sinn eng ganz Rëtsch Leit komm, déi an der Kanalstrooss respektiv an de avoisinante Stroosse wunnen an déi gesot hunn, mir wossten näischt dovunner. Et ass net mat eis geschwat ginn. An net mat eis geschwat heescht, d'Leit hate kee Flyer an der Boîte, d'Leit wossten net, wat do géif geschéien.

Dat heescht, d'Kommunikatioun war wierklech net gutt, respektiv do war wierklech vill Sputt no uewen.

Et muss ee sech och d'Fro stellen, ëmmer nach bei deem gudde Konzept, ob den Zäitpunkt vun der Ëmsetzung wierklech dee richtegen ass, wa parallell dozou de Kuelebierg renovéiert gëtt. Also net renovéiert, fréschgemaach gëtt. Wou gläichzäiteg natierlech och eng ganz Rëtsch Parkplaze schonn ewechgefall sinn. Déi temporär natierlech ewechgefall sinn, well et herno eventuell erëm d'Méiglechkeet gëtt, datt der do bäikommen.

Mee dee Moment ass et problematesch gewiescht an huet sécher och dozou bäigedroen, datt d'Diskussioun sou gefouert ginn ass, wéi se gefouert ginn ass.

Och net gutt an der Ëmsetzung ass – ech hunn ëmmer dofir plädéiert, datt Vëlosweeër, dat sinn eegen Infrastrukturen. A wann ech dann awer gesinn, datt de Vëloswee an der Ëmsetzung elo esou ausgesäit, datt e bidirektional ass. An d'Mëtt vun deem Vëloswee ass de Bordstee vum Trottoir.

Dat heescht, dat ass eng duerchaus geféierlech Situatioun, wann een do Vëlo fiert. Wann een eng Kéier engem auswäiche muss an et huet een et net gesinn, da riskéiert een ze falen. Dat ass keng gutt Ëmsetzung. Nawell ass dat Konzept, wat ech och matvotéiert hunn, richteg.

Ech begréissen awer, datt Der elo effektiv op de Wee gitt, zousätzlech Mesuren ze ergräifen. Parkméiglechkeeten am Parkhaus, déi käschtegënschteg sinn, zur Verfügung ze stellen.

Ech menge just, datt ee sech déi ganz Diskussioun hätt kënnen erspueren, wann een dat vun Ufank u matgeduecht hätt. An dofir sinn ech och elo frou, wat Der elo gesot hutt: Et ass nach net ze spéit, Saachen ze änneren a Saachen ze verbesseren, déi och wierklech musse verbessert ginn. Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Baum.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

**M. Bernard Schmit (ADR)**

Merci villmools, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Et ass wouer, datt do – ech wëll elo net klénge wéi e Papagei. Mee dat ass scho richteg, wat mäi Virgänger gesot huet. Dat heescht, et ass e bëssen e Problem mat der Ëmsetzung hei an deem heite Projet.

Ech muss och direkt soen, och wéi mäi Virgänger gesot huet, datt mir trotzdeem mam Prinzipp nach ëmmer dohannertstinn, a mir fannen, datt dat eng gutt Saach ass, op de Wee ze goe vun enger Vëlospist.

Heiansdo ass et esou, datt ee sech eppes virhëlt an der Theorie, an duerno, leider oft, wann et ëm d'Ëmsetzung geet, da komme Problemer, dann dauche Problemer op, déi wou ee vläicht net direkt esou gesinn hat. Dat kann emol virkommen.

Hei ass et e bëssen, solle mer soen, och nach héichgekacht ginn, warscheinlech awer och wéinst der Politik a wéinst der Escher Lokalpoliitk. Datt dat, solle mer soen, net dozou bäigedroen huet, fir dat Ganzt ze calméieren.

Mee am Prinzipp ass et scho wouer. Do si Saachen, wou net gutt ugepaakt gi sinn. Zemools d'Residenten, wou do concernéiert sinn.

Et ass gesot ginn, Dir géift da kucken, fir de Präis erofzesetzen, mengen ech, op 2,50 €. Ech géif froen, well ech hu wierklech Leit, déi wou sech do beklot hunn, an hirem Numm géif ech ufroen, ob een dat net kéint op jiddefalls vläicht fir ee Joer emol erofsetzen op Null.

Dat heescht, ob een do kéint e Wee fannen, fir déi Leit direkt ze entlaaschten an och am Fong geholl hir Wut, solle mer soen, e bëssen ewechzekanaliséieren. Dat wär vläicht eng Mesure, déi wou mënschlech wär an deem Kontext a vläicht d'Gemeng och net sou vill Sue géing kaschten. Wann een dat vläicht fir ee Joer zum Beispill géif ënnerloossen, fir do eppes ze froen a fir d'Residenten do dann déi Solutioun géif ubidden. Ech mengen, do géife sech vill Leit freeën.

Wéi gesot, jo, am Prinzipp ass et e gudde Projet. D'Geféierlechkeet; ech hu mer dee Wee och ugekuckt. Ech fueren och heiansdo e wéineg Vëlo. Et ass wouer, dat ass och suboptimal.

De Problem ass – ech hu mer versicht, dann och eng Léisung do virzestellen. An ech weess net, et ass net sou einfach, en Trottoir ofzeschläifen. Dat heescht, dat ass an deem Sënn kompliziéiert.

Op jiddefalls d'Geféierlechkeet ass do an et misst ee sech iwwerleeën, wéi een déi entschäerfe kann. Solle mer soen, wann een do eroftrëllt, e Bordstein eroftrëllt an de Vëlo net an der Kontroll huet, souguer wann et e Mountainbike ass, a souguer mat Helm, dat ka wéidoen. Dat heescht, ee Moment Onopmierksamkeet kann do scho Follgen hunn.

Ech hunn och elo direkt éierlech gesot, zu deem Theema soen ech just, datt ee misst eng Verbesserung do maachen. Meeschtens proposéieren ech ëmmer gär eng Alternativ, mee ech hunn elo direkt am Kapp awer leider net direkt déi Alternativ, wéi een dat kéint schnell a gutt léisen. Well wann een dat wëll upaken, dat si warscheinlech Aarbechten, déi wou net an engem Dag gemaach sinn.

Voilà, dat war mäi Bäitrag zu där Situatioun. Et ass wouer, datt vill Leit sech doriwwer opgereegt hunn. Mir sollten also versichen,

de Projet nach eng Kéier, solle mer soen, nei ze iwwerdenken, mat de Leit ze schwätzen. Am Globalen ass et eng gutt Iddi, fir Esch méi vëlosfrëndlech ze maachen.

Wann een op d'Leit zougeet a Léisunge proposéiert a säi Bescht mécht, da misst et trotzdeem weider an déi richteg Richtung goen. Dat ass op jiddefalls meng Hoffnung an dësem Dossier. Ech soe Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Schmit.

Ech ginn als éischt dem Här Sehovic d'Wuert.

**M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen**

Merci.

Wat d'Kritik oder d'Bemierkung ugeet par rapport zum Zäitpunkt, dee schlecht gewielt ass. Mir hunn, wéi mer et hei virgestallt hunn zesumme mam zoustännege Beamten, gesot, dass mer wëllen eng Léisung en place hunn, wann de Chantier um Boulevard Prince Henri fäerdeg ass. An et war allgemeng bekannt, dass dat am Juni sollt de Fall sinn.

Wisou hu mer dat esou wëlle maachen? Wa mer et net gemaach hätten, dann hätte mer hei am Conseil communal an op anere Plaze ganz zu Recht d'Diskussioun gehat, dass mer zwar elo de Vëlodukt e bësse weidergezunn hätten, déi Infrastruktur, déi national Vëlosinfrastruktur, dass mer se och nach e bëssen de Boulevard Prince Henri erofgezunn hätten, mee dass een dann um Rond-point ukomm wär an dass een do erëm keng anstänneg Ubannung un de Stadkär gehat hätt. An dowéinst war et eis wichteg, och séier eppes en place ze setzen.

An d'ailleurs krut ech schonn hei am Conseil communal virgeworf, dat hätt ee jo nach vill éischter kënne maachen. Elo heescht et, et wär ze fréi gewiescht.

Wat d'Ëmsetzung ugeet, ass et ganz richteg, dass et net de perfekt gebaute Vëloswee ass, aus engem ganz einfache Grond. Well mer gesot hunn, mir maachen en temopräert Reglement op ee Joer.

Mir setzen eppes mat klenge Moyenen en place, fir ze testen, fir an den Dialog ze goen a fir kënnen zu all Moment Adaptatiounen ze maachen. Dat ass de Grond zum Beispill, wisou effektiv déi zwee Vëlosweeër duerch de Bordstee getrennt sinn. Mir hunn awer, well mer eis bewosst si vun där Schwächt, dofir gesuergt, dass dee Bordsteen iwwerall markéiert ass. Fir dass et eeben op d'mannst visibel ass.

Mir hunn, fir d'Passagë sécher ze maachen, d'Bordsteng geschlaff. An natierlech, wa mer de Projet perenniséieren, wann een dorauser e richtegen Infrastrukturprojet mécht, da kann een éischtens d'Pist punktuell nach e bësse méi schmuel maachen, well mer hei einfach d'Parksträif vun zwee Meter geholl hunn. An da kann een do nach e bëssen Espace gewannen.

An da kann een zweetens natierlech och dann déi Infrastruktur richteg en place setzen. Dat war hei awer net den Usproch. Dat war och an deem Zäitkader net méiglech. An och vu d'Situatioun am Quartier, vu déi aner Chantieren, déi mer hunn, wär et och keng wënschenswäert Solutioun zu dësem Zäitpunkt gewiescht.

Dat heescht, mir maachen et esou, wéi mer et ugeschwat hunn. Mir sinn an engem temporäre Reglement, wat et eis erméiglecht, ëmmer erëm Adaptatiounen ze maachen. Mir hunn der scho virgeholl.

Wa weider Diskussioune sinn a weider Besoinen entstinn au fil du temps, da wäerte mer och nach kënne weider am Gespréich bleiwen an Adaptatioune maachen. Dat ass, mengen ech, vun Ufank un esou gesot ginn.

An ech mengen, domat hätt ech d'Froen alleguer beäntwert. An et bleift nach just eng Saach ze soen, och fir déi Leit, déi eis nokucken an deenen déi Fro vum Parking tatsächlech och wichteg ass.

Et si Leit, déi Iech wëlle vermëttelen, wéi gesot, 25, 45 Parkplaze wären do gestrach ginn. Gitt op de Geoportail oder gitt op Google Maps, wou Der dann al Fotoen, al Loftopname fannt, an dann zielt emol déi Autoen. Da gesitt Der, et sinn der vill, vill méi wéi dat, wat och op deem heite Plang agezeechent ass.

Wa mir vu Parkplaze schwätzen, da schwätze mir vu reglementéierte Parkplazen. Déi hunn e gewësse Standard, déi erfëllen Normen, wat d'Distanzen ugeet, wat d'Längten, d'Breet ugeet a sou weider.

Wann et op Loftopnamen Autoe gëtt, déi um Trottoir stinn, déi an enger Kräizung stinn, déi iergendwou geparkt sinn, da kann dat wuel sinn, mee dat ass keng reglementéiert Parkplaz. Dat war et och virdrun net, dat war virdrun net erlaabt an net gewënscht. An ass och sanctionéiert ginn, wann een et gesinn huet.

Sou dass mer wierklech dorunner läit, komm, mir emotionaliséieren déi Debatt net méi, wéi et muss sinn, Komm, mir huele se seriö. An ech mengen, dass déi Fro vum Parkraum eng Fro ass, déi mer och seriö huelen. A komm, mir diskutéiere faktebaséiert a sichen zesummen no Léisungen, amplaz déi doten Thematik ze instrumentaliséieren, fir Polemik ze maachen a schlecht Blutt ze maachen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Här Sehovic.

Ech erlabe mer, eng Remark ze maache mat e bëssen enger Distanz. Well hunn och aus enger gewësser Distanz den Debat, souwuel an der Press wéi op de Soziale Medien, suivéiert. Dat ass absolutt legitimm, dass een en Debat féiert, Saache kritiséiert.

Ech hat just ee Moment, wou ech eng Kéier e bësse Bauchwéi hat. Dat war de Moment, wou kloer formuléiert ginn ass a geschriwwe ginn ass, e Virworf, dass Onwourechtheete formuléiert gi wären. An och wuelwëssend formuléiert gi wären.

An ech mengen, dass ee mat dëser Accusatioun soll gutt oppassen. Dat war an engem Post op de Soziale Medie vun engem Conseiller, deen hei am Raum ass. Dass een einfach soll oppassen.

Wann ee bis ufänkt, Onwourechten ze ënnerstellen, Ligen ze ënnerstellen, da muss dat och begrënnt sinn. An net nëmme par rapport zum Respekt, dee mir bei eis hei am Sall tëschent eis sollen hunn, mee et war notamment och e Virworf, dass an enger Kommissioun bewosst falsch Elementer formuléiert gi wären.

Ech wëll just soen, an der Kommissioun sinn normalerweis net d'Schäffen, do ginn d'Dossiere vun assermentéierte Beamte presentéiert. Déi sinn obligéiert, d'Wourecht ze soen.

Ech mengen, dass mir se aus Ustand aus ëmmer musse soen, awer si sinn an engem Statutt. An ech fannen, dass een do einfach besser ofweie muss an oppassen, wann een esou eppes formuléiert.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ⊜ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

D'Madamm Braz huet sech enthalen. Wëllt Dir Är Abstentioun begrënnen?

**Mme Liz Braz (LSAP)**

Gär. Ech maachen dat kuerz.

Dat do sinn elo Mesuren, déi e bëssen als Plooschter déngen, fir awer där schlechter Executioun entgéintzekommen, déi mir och schonn an der Diskussioun virun zwee Méint awer heibannen ervirgehuewen hunn.

An ech hunn dat awer e bësse sou e Scheinargument fonnt, vuweegen de Gemengerot war eestëmmeg hei dofir, ouni dobäi awer op déi ganz Diskussioun, déi trotzdeem heibanne war, wëllen zeréckzekommen.

A jo, eestëmmeg fir d'Konzept, well eestëmmeg fir natierlech méi Mobilité douce am Zentrum, mee awer net eestëmmeg fir déi Executioun, wéi se schlussendlech duerchgezu ginn ass.

A fir dass sech elo net méi kann hannert deem Argument vun der Eestëmmegkeet verstoppt ginn, meng Abstentioun.

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Merci, Madamm Braz.

## 12.1.1. Contrats de bail et avenants ; décision

## 12.1.2. Révision des loyers ; décision

## 12.2. Contrats de bail – GLS ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Da komme mer bei d'Contrat-de-baillen an d'Avenanten. Do hat Der dräi Dokumenter am Dossier leien, iwwer déi mer sollen ofstëmmen.

Als éischt hu mer dräi nei Kontrakter. Dat heescht, Wunnengen, wou elo nei Locatairen eraplënnere kënnen. D'Montante vum Loyer konnt Der noliesen am passenden Dokument.

An dann dat zweet Dokument, e méi déckt. Dat ass d'Revisioun vun de Loyere fir d'Sozialwunnengen.

Dir wësst, mat der Upassung vum Gesetz musse mir all Joer erëm eng Kéier – virdrun hu mer d'Upassungen och misse maachen, mee elo ass et nach eng Kéier an enger Envergure, wou mer hunn. Mir mussen nach eng Kéier fir all eenzel Sozialwunneng de Loyer nogerechent ginn an dann ugepasst ginn. Dat no Krittären, déi am Gesetz stinn.

Op der enger Säit sinn dat Krittären, Facteuren, déi de Loyerspräis ausmaachen, déi d'Wunneng betreffen, wéi zum Beispill d'Gréisst. Op der anerer Säit sinn et awer och Facteuren, déi de Locataire betreffen, wéi zum Beispill d'Composition de ménage oder d'Akommes. An do sinn eeben dann déi Upassungen, déi mer all Joer dann hei wäerten an dëser Form stëmmen.

Ech wëll awer och nach eng Kéier drop hiweisen, dass mir decidéiert hate virun engem gudde Joer, dass mer net géingen déi héchst Upassung, déi mam neie Gesetz komm ass, dass mer déi net géinge vun engem Moment op deen aneren de Locatairë verrechnen.

Dat heescht, mir sinn hei an dëser Situatioun, dass déi Leit, déi eng Augmentatioun duerch d'Ännerung vum Gesetz kritt hu vun hirem Loyer, dass déi am Moment just d'Hallschent nach dëst Joer bezuele vun där Augmentatioun. Eréischt dann eeben eréischt am nächste Joer de komplette Montant Loyer musse bezuelen, eebe fir déi Staffelung bäizebehalen, déi zwar ufanks ugeduecht war och vum Gesetz, awer herno net realiséiert ginn ass, awer mir weiderhin applizéieren.

D'Montanten hutt Der alleguerten am Dossier.

An dann zum Schluss nach e lescht Dokument, wou et drëms geet, dass mir als Stad eng Wunneng fir eis Gestion locative sociale ulounen.

Ginn et Froen zu dësen Dokumenter? Dat ass net de Fall. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic**
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz**
- ☑ **Tammy Anna Broers** ↻ (Mandy Ragni)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

## 13. Commissions consultatives ; modifications ; décision

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

An da wiere mer bei de Kommissiounen ukomm.

Do gëtt et puer Changementer vun der LSAP. Ech wäert se net alleguer opzielen. Dir hat hei d'Dokument virleien. Dat gëtt sou ofgestëmmt.

Au vote.

**[geheime Vott; 18 Jo]**

**M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter**

Mir hunn uanime Oui. Also 18 Mol Jo.

Fir den Ofschloss invitéieren ech Iech natierlech dann op d'Feierlechkeete vum Virowend vun Nationalfeierdag, déi

e Sonndeg uginn um 15 Auer mat der Remise vun de Medailen am Hochzäitssall niewendrun.

An da kennt Der de Programm mat den Altesse-royallen, déi bei eis op Besuch kommen. De Grand-Duc Henri an d'Grande-Duchesse Maria-Teresa. An och engem musekalesche Programm, deen dës Kéier e bëssen adaptéiert gouf mat engem gréisseren Act zum Schluss, an der Persoun vum DJ Antoine.

Ech mengen, d'Wieder gesäit jo gutt aus. Ech hoffen, dass de verlängerte Weekend net ze vill Leit ofhält, mee dass mer hoffentlech vill Leit hei zu Esch begréisse kënne wäerten.

Iech nach e schéinen Dag, e schéine Weekend.

# CONSEIL COMMUNAL



**Christian Weis**
CSV



**Pierre-Marc Knaff**
DP



**André Zwally**
CSV



**Meris Sehovic**
déi gréng



**Bruno Cavaleiro**
CSV



**Aldin Avdic**
LSAP



**Mandy Ragni**
déi gréng



**Daliah Scholl**
DP



**Ben Funck**
LSAP



**Steve Faltz**
LSAP



**Liz Braz**
LSAP



**Enesa Agovic**
LSAP



**Sacha Pulli**
LSAP



**Pascal Bermes**
CSV



**Joy Weyrich**
CSV



**Marc Baum**
déi Lénk



**Bernard Schmit**
ADR



**Tammy Anna Broers**
déi gréng



**Dejvid Ramdedovic**
CSV